
Commune de Saeul
Sëller Gemeng

# Um Fouss vum Ditzebierg



2. 2017

Chères concitoyennes, chers concitoyens,



Les élections sont finies et ont défini un nouveau/ancien conseil communal. Je voudrais remercier tous les anciens conseillers, tous ceux qui ont travaillé ces six dernières années pour notre communauté, pour l'engagement qu'ils ont montré.

Deux nouveaux conseillers communaux, cela signifie que deux anciens membres du conseil ont décidé de ne plus prolonger leur mission. Madame Valérie Bégué et Monsieur Guy Grün n'étaient plus candidats. Je tiens à les remercier ici, en notre nom à tous, des efforts qu'ils ont faits pour le bien de notre commune.

Valérie est une femme intelligente, courageuse, intègre, engagée et qui dans toutes ses décisions n'avait en vu que l'intérêt général, le bien de tous. Avec sa compétence professionnelle mais aussi son bon sens elle était capable d'orienter les décisions du conseil communal ou de ramener les discussions, parfois difficiles, vers des solutions pragmatiques.
Guy a rejoint le conseil communal après les élections complémentaires. Il avait le don, le mérite de d'abord écouter, consulter, se faire une idée et cela sans trop d'exaltation au début dirais-je. Et puis, après mûre réflexion, une fois sa décision prise, il s'engageait pleinement pour défendre sa vision des choses.

Merci en tout cas Valérie et Guy, pour votre aide ces dernières années.

Deux nouveaux membres que nous attendons avec impatience, Jean-Paul Mousel et John Kaufmann. Je leur souhaite dès à présent, au nom de tous, la bienvenue dans notre équipe.

Jean-Paul Mousel est un personnage respecté dans notre communauté. Et s'il a pris assez tardivement dans sa vie la décision de s'occuper de la vie publique, c'est sûrement un choix bien réfléchi qui est dû, sans aucun doute, à la volonté d'apporter sa sagesse, son savoir à notre communauté.

John Kaufmann, lui, s'est engagé de longue date pour notre commune. Je n'énumérerai pas toutes les étapes de cet engagement mais je voudrais juste souligner son activité dans le cadre de sa participation au « Klimateam » local.

Ces deux nouvelles recrues, nos deux « bleus » vont sans nulle doute, faire un travail excellent pour nous tous.

Il est cependant dommage que le conseil communal de Saeul soit limité à 7 membres. Le huitième candidat sur la liste, Fabienne Donven, n'a malheureusement pas pu être retenu. C'est regrettable.

Non seulement parce qu'elle était la seule candidate féminine mais aussi parce qu'à travers son engagement de longue date dans le comité des parents d'élèves, un engagement revendicatif, combatif, elle a montré son intérêt pour la chose publique. Dommage !

Je souhaite à tous les membres du conseil communal de Saeul, anciens et nouveaux, un engagement sans faille pour la cause de notre commune, une collégialité propice à la réalisation de nos projets et une santé de fer pour surmonter tous les aléas de la vie politique.

Raoul Clausse
Bourgmestre

Léif Matbiergerinnen a Matbierger.

D'Wale si gelaf, an d'Leit hunn en deelweis neie Gemengerot gestëmmt. Ech wëll alle fréiere Konselljeeën, déi an de leschte sechs Joer fir eis Gemeng geschafft hunn, fir hiren Asaz Merci soen.

Et sinn zwéin nei Konselljeeën derbäi, well der zwéin aus dem fréiere Gemengerot net méi ugetruede sinn. D'Madame Valérie Bégué an den Här Guy Grün haten net méi kandidéiert. Ech wëll hinnen op dëser Plaz, am Numm vun eis all Merci soen, fir hiren Asaz zum Beschte vun eiser Gemeng.

D'Valérie, eng intelligent, couragéiert, éierlech an engagéiert Fra, hat bei all hiren Decisiounen ëmmer dat Bescht fir d'Bierger am A. Mat hirer professioneller Kompetenz an hirem gesonte Mënscheverstand huet si et ëmmer erëm fäerdegbruecht, och déi schwieregst Diskussiounen zu engem gudden Enn ze féieren.

De Guy ass no de Komplementarwalen an de Gemengerot komm. Seng Stäerkt war virun allem d'Nolauschteren. Hien huet sech informéiert, sech e Bild vun der Situatioun gemeet, ouni sech am Ufank zevill beaflossen ze loossen. Dann awer, no laangem Iwwerleeën, wann hie sech decidéiert hat, dann huet en sech voll a ganz fir seng Iwwerzeegung agesat.

Merci Valérie a Guy, fir är Hëllef an de leschte Joren.

Elo hu mer zwéin nei Memberen, op déi mer mat Ongedold waarden. Déi Häre Jean-Paul Mousel a John Kaufmann. Ech wëll si elo scho ganz häerzlech an eiser Ekipp wëllkomm heeschen.

De Jean-Paul Mousel ass e respektéierte Bierger aus eiser Gemeng. Och wann hie sech relativ spéit a sengem Liewe politesch engagéiert huet, dann huet en sech et bestëmmt gutt iwwerluecht, fir grad elo seng Erfahrung a säi Wëssen an den Déngscht vun eiser Gemeng ze setzen.

De John Kaufmann ass scho laang an eiser Gemeng engagéiert. Ech muss hei net all Etappe vu sengem Asaz opzielen, ech wëll just nëmme säin Engagement am « Klimateam » ernimmen.
Dës zwéin Neier wäerten ouni Zweiwel eng gutt Aarbecht leeschten.

Anersäits ass et schued, datt de Gemengerot nëmmen aus siwe Konselljeeë besteet. Déi aacht Kandidatin op der Lëscht, d'Madame Fabienne Donven, gouf leider net gewielt. Dat ass schued. Net nëmmen, well si déi eenzeg Fra op der Lëscht war, mä och well si zanter Joren am Comité vun der Elterevereenegung engagéiert ass. Bei dësem groussartegen Asaz weist si ëmmer erëm hiert Engagement fir d'Ëffentlechkeet.

Ech wënschen alle Memberen aus dem Gemengerot, deenen alen an deenen neien, datt se sech ouni Aschränkung fir eis Gemeng asetzen. Datt mer all an enger gudder Kollegialitéit d'Léisung vun de Problemer, déi op äis zoukommen, upaken. Eng gutt Gesondheet fir jiddereen. Déi gëtt gebraucht, fir all Gefore vum politesche Liewen ze meeschteren.

Raoul Clausse
Buergermeeschter

## Conseil communal du 14 février 2017

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler et Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal, remplacant.
**Excusé:** Guy Grün, conseiller

presentéiert vum
Joël KIEFFER,
Gemengeredakter



### 1. Etude de faisabilité

Monsieur Paul Kauten de la société Energiepark Réiden S.A. présente une étude de faisabilité concernant la réalisation d'un réseau de chaleur de proximité pour les bâtiments communaux (école, Maison relais, salle des fêtes, église et mairie) situés au centre du village de Saeul.

### 2. PAP à Calmus

Le projet du plan d'aménagement particulier (PAP) prévoit la construction de 14 unités de logement au lieu-dit « Am Sëllerlach » à Calmus. Après une légère adaptation suite à l'avis de la cellule d'évaluation du ministère de l'Intérieur, le projet en question trouve l'approbation unanime du conseil communal.

### 3. Acte notarié

Un acte notarié concernant la vente d'une parcelle forestière située à Ehner, lieu-dit « Wienenbusch », contenance 11,10 ares, au prix total de 1.110€ et appartenant aux époux Ernest Krier-Haeck, est ratifié par l'ensemble du conseil communal.

### 4. Travail d'étudiants

A l'instar des années précédentes, le conseil communal décide unanimement d'engager des étudiants pendant les vacances d'été pour une durée de 2 semaines consécutives. Priorité sera accordée aux élèves âgés de 15 ans.

### 4. Subsides divers

Le conseil communal accorde à l'unanimité des voix les subsides suivants :

a) Associations locales

| | |
|---|---|
| Club des Jeunes Saeul<br>Fraen a Mammen Saeul<br>CTF Saeul<br>Sapeurs pompiers de Saeul<br>Lucilinburhuc asbl | 620 € |
| Sëller Musek asbl | 4.960 € |
| Chorale ste Cécile Saeul | 2.120 € |

a) Associations diverses

| | |
|---|---|
| Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga Sektioun Réiden | 250 € |
| Soroptimist International Club Mosaïk Réiden | 500 € |
| Swimming Club de Redange | 674 € |
| Entente des sociétés / Semi-marathon Beckerich 2017 | 30 € |
| Fédération régionale des corps de sapeurs-pompiers Nord | 250 € |
| Op der Schock a.s.b.l. | 100 € |
| Fondation Lëtzebuerger Blannevereene-gung | 25 € |
| Ile aux Clowns - Sécurité routière -<br>Massendénger Parverband Helpert -<br>Union Grand-Duc Adolphe | 50 € |

## Conseil communal du 22 mars 2017

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler et Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal, remplacant.
**Excusé:** Guy Grün, conseiller

### 1. Titres de recettes

Le conseil communal signe les titres de recettes de l'année 2016 pour un montant total de 1.794.176,94€.

### 2. Prolongation d'une servitude d'interdiction

Dans le cadre des travaux d'élaboration d'un nouveau plan d'aménagement général de la Commune de Saeul, le collège échevinal propose de prolonger d'une année les servitudes interdiction de construction (article 17 de la loi du 28 juillet 2011 sur l'aménagement communal) prononcées par le conseil communal en séance du 23 février 2016 et concernant des terrains situés à Saeul, numéros cadastraux 728/2343 ; 729/2344 ; 731/2345 et 731/2346.
Cette prolongation d'une durée d'une année est votée à l'unanimité des voix.

### 3. Crédit spécial

Afin de pouvoir acquérir un terrain boisé au lieu-dit « Unter der Schock » à Saeul, le conseil communal autorise unanimement l'ajout d'un crédit spécial d'un montant de 25.000€ au budget de l'exercice 2017. .

### 4. Subvention d'un projet social

Un don de 2.500€ est accordé unanimement à l'association « Action pour un monde uni » de Filsdorf afin de soutenir un projet d'installation d'une alimentation en eau potable dans le village de Nyakaiga en Tanzanie.

### 5. Office Social - convention

Le conseil communal ratifie la convention de l'office social du canton de Rédange/Attert de l'année 2017. .

### 6. Office national du Remembrement - convention

Une convention avec l'ONR portant sur une participation financière aux travaux de réaménagement du chemin forestier menant au « Ditzebierg » à Saeul, est signée par tous les membres du conseil.
La participation de l'ONR s'élève au montant total de 22.353,21€ et représente 50% du coût total des travaux

### 7. Approbation d'un devis

Le coût des travaux de réaménagement de la place près de l'église au centre de la localité de Saeul est estimé à 80.000€. Le devis y relatif, établi par le service technique communal, est accepté à l'unanimité des voix.

## Conseil communal du 11 avril 2017

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Guy Grün et Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal, remplacant.
**Excusé:** Edmond Gengler, conseiller

## A huis clos

### 1. Affaire du personnel

M. Joé Wolff est nommé définitivement par scrutin secret et à l'unanimité des voix au poste de rédacteur administratif à tâche complète au sein de l'administration communale de Saeul.

## Séance publique

### 2. PAG - modification ponctuelle

Le projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Saeul concerne uniquement la localité de Schwebach. Des terrains appartenant à la commune et à des personnes privées seront reclassés partiellement dans le périmètre d'agglomération, ceci afin de permettre la réalisation de deux plans d'aménagement particulier (PAP).
Le projet en question trouve l'approbation unanime du conseil communal et sera transmis aux ministères concernés en vue d'obtenir les avis requis par la loi.

### 3. PAP - modification ponctuelle

Le projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier « rue Jean Mersch » à Saeul prévoyant une légère adaptation des limites de propriété de deux terrains (Consorts Kaufmann-Berens), est approuvé à l'unanimité des voix.

### 4. PAP Ehner - convention

La convention n'a pas encore été signée entre parties en raison qu'une décision de l'Administration de la gestion

de l'eau se fait attendre. Ce point a donc est reporté à une séance ultérieure.

## Conseil communal du 09 mai 2017

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch (présent à partir du point 2.) et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün et Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal, remplacant.

## A huis clos

**1. Affaire du personnel**

Le conseil communal procède par scrutin secret et à l'unanimité des voix à la nomination d'un nouveau « secrétaire communal faisant fonction » à savoir Monsieur Joé Wolff, à partir du 01 juin 2017 jusqu'au 31 décembre 2018 inclus.

## Séance publique

**2. Ligne de trésorerie**

La décision de demander une prolongation de la ligne de trésorerie existante qui viendra à échéance le 30 juin prochain est votée unanimement avec le même montant (1.500.000 €) pour une durée d'une année (échéance 30.06.2018).

**3. État des restants 2016**

L'état des restants de l'année 2016 est présenté par le receveur communal. Une décharge de 15,40€ est accordée à l'unanimité des voix. Le restant à recouvrer s'élève au montant total de 6.221,23€.

**4. Décomptes**

Les décomptes de la phase 2 (école centrale) et de la phase 3 (Maison relais) sont approuvés sans objections. Le coût de l'école centrale (phase 2) s'élève à 2.615.897,85 € et celui de la Maison relais (phase 3) à 2.072.859,25 €. Le montant de la dépense totale des 3 phases du projet « Ecole centrale, hall sportif et Maison relais » s'élève à 7.164.000 €.

**5. Service d'éducation et d'accueil - convention**

La convention signée entre le Ministère de l'Education Nationale et le collège échevinal concernant la participation aux frais de fonctionnement du service d'éducation et d'accueil (Maison relais) pour l'année 2017 est ratifiée unanimement par le conseil communal. La participation étatique est de l'ordre de 75% des frais occasionnés.

**1. PAP - modification ponctuelle**

Un deuxième projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier « rue Jean Mersch » à Saeul prévoit des modifications au niveau de l'ancienne demeure John March pour le compte du nouveau propriétaire. Le conseil communal y marque son accord unanime.

**7. Compromis de vente**

Un compromis de vente signé entre le collège échevinal et les époux François Ooms de Saeul, concernant l'acquisition (par la commune) de quatre parcelles forestières sises à Saeul, lieu-dit « Unter der Schock », au prix total de 25.000€ pour une contenance totale de 0,946 ha, est approuvé par tous les membres du conseil.

## Conseil communal du 29 mai 2017

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Guy Grün et Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal, remplacant.
**Excusé:** Marc Fisch, échevin

## A huis clos

**1. Enseignement - Réaffectation**

Suite à une vacance de poste au cycle C 2-4, le conseil communal propose majoritairement la réaffectation de Madame Daniela VILELA PEREIRA de Lintgen.

## Séance publique

**2. Règlement général de circulation**

Le nouveau règlement général de circulation, élaboré par le bureau d'étude Schroeder & Associés, prévoit l'instauration de zones 30 Km/H. Dans un premier temps ces zones seront réalisées dans la localité de Saeul (hors voies étatiques). Les autres localités suivront prochainement.

**3. PAP à Ehner - convention**

Ce point a été reporté de l'ordre du jour, étant donné que certaines dispositions particulières de la convention n'ont pas encore été déterminées définitivement.





## Séance du conseil communal du 28 juin 2017

**Présents:** Raoul Clausse, bourgmestre, Marc Fisch, échevin, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

**Excusés:** Gérard Zoller, échevin,
Valérie Bégué, conseiller ;

### 1. Présentation « Youth4Work »

Mme Ariane Toepfer présente les activités du service destiné à l'encadrement des jeunes qui ont terminé ou quitté l'école et qui sont à la recherche d'un travail ou un poste d'apprentissage.

### 2. PAP Ehner - convention particulière

### 3. PAP Ehner - convention d'exécution

Les points 2 et 3 ont été reportés, faute d'accord entre le lotisseur et la commune.

### 4. Divers actes de cession - voirie rurale

Dans le but de transférer un chemin rural syndical existant dans l'inventaire de la propriété communale, une dizaine de parcelles ont été acquises gratuitement par la commune. Les différents actes notariés ont tous été ratifiés unanimement.

### 5. Crédits supplémentaires :

**a) Aménagement de la place du village**
L'aménagement de la place du village avec la réalisation d'un jeu d'eau était prévu au budget 2017. Des coûts supplémentaires (gros-œuvre, pompe, etc..) y compris l'installation de panneaux de signalisation et la plantation de l'espace vert occasionneront des dépenses supplémentaires.
Un crédit supplémentaire de 35.000 € est approuvé à cette fin par l'ensemble du conseil communal.

**b) Acquisition de mobilier cycle 1**
Un crédit supplémentaire de 1.250€ pour l'acquisition de mobilier pour l'éducation préscolaire trouve l'accord de tous.

**c) Acquisition de mobilier cycles 2-4**
Un crédit supplémentaire de 4.500€ pour l'acquisition de mobilier pour l'enseignement primaire est également approuvé à l'unanimité des voix.

### 6. Organisation scolaire

L'organisation scolaire 2017/2018 est arrêtée provisoirement à l'unanimité des voix. Une bonne soixantaine d'enfants et d'élèves fréquenteront les différents cycles lors de la prochaine rentrée scolaire.

| Classe | Nombre | Intervenants |
|---|---|---|
| Cycle 1 | 22 enfants | Isabelle Gilson & Stéphanie Fève |
| Cycle 2 | 13 élèves | Jeanny Crochet & Georgette Schmit |
| Cycle 3 | 15 élèves | Renée Olinger & Daniela Vilela Pereira |
| Cycle 4 | 17 élèves | Anna Mergen, Jeanny Crochet & Daniela Vilela Pereira |

### 7. Plan de développement scolaire

Le nouveau plan de développement de l'établissement scolaire (PDS) se veut complémentaire au plan de réussite scolaire (PRS). Les objectifs sont donc identiques et prévoient une analyse de la situation de l'école, la définition des objectifs afin d'améliorer et de renforcer la qualité de l'enseignement, sa mise en œuvre proprement dite et l'élaboration d'un bilan final après 3 années.

Le PDS présenté a été avisé favorablement par la commission scolaire et ne donne pas lieu à objections de la part du conseil communal.

## Séance du conseil communal du 31 juillet 2017

**Présents:** Raoul Clausse, bourgmestre,
Marc Fisch, échevin, Valérie Bégué, Guy Grün, Jean Konsbrück, conseillers.
Joé Wolff, secrétaire communal ff.

**Excusés :** Gérard Zoller, échevin
Edmond Gengler, conseiller

### 1. PAP Ehner - convention particulière

Une convention particulière entre l'Administration communale et les époux Krier-Haeck de Ehner portant sur la participation financière de travaux d'infrastructure à Ehner, est ratifiée unanimement par le conseil communal.

### 2. PAP Ehner - convention d'exécution

La convention et le dossier technique d'exécution relatifs au plan d'aménagement particulier sis à Ehner, au lieu-dit « Haaptstrooss » sont signés par tous les membres du conseil. Ladite convention porte sur l'exécution des travaux d'infrastructure (voirie, places publiques, canalisation, etc…) du projet d'aménagement.

### 3. Plan pluriannuel de financement 2017 – présentation

Le plan pluriannuel de financement montre une projection future de la situation financière communale des années 2017 à 2020. Le plan n'est que présenté et non soumis au vote.

### 4. Comptabilité communale :

**a) Comptes de gestion et administratif de l'exercice 2015**
Le compte de gestion (receveur communal) et le compte administratif (collège échevinal) de l'année 2015 sont arrêtés provisoirement à l'unanimité des voix. Ci-dessous le tableau récapitulatif :

| Comptes de gestion & administratif 2015 | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes | 2.853.754,82 | 1.448.965,50 |
| Total des dépenses | 2.326.224,04 | 2.739.812,23 |
| **Boni/Mali propre à l'exercice** | 527.530,78 | -1.290.846,73 |
| Boni du compte de 2014 | 1.075.160,21 | 1.159.881,06 |
| Boni/Mali général | 1.602.690,99 | -130.965,67 |
| **Boni définitif** | 1.471.725,32 | |

**b) Décomptes**

Deux décomptes sont approuvés unanimement, à savoir :
- le projet de réaménagement des rues « Kiem - Sand - Dall - Jean Mersch - Bour - rue de Mersch au montant total de 1.067.912,17€ ;
- La remise en état du chemin rural « Déifleck » de Kapweiler vers Saeul au montant de 133.134,85€.

### 5.Fixation d'une redevance de nettoyage

En cas d'utilisation de la cuisine de la salle des fêtes de Saeul, une redevance pour le nettoyage sera demandée à chaque utilisateur. La redevance d'un montant de 100€ est votée unanimement.

### 6. Fixation montant des jetons de présences

La participation aux séances des commissions consultatives de la commune est fixée à 20€ par séance par membre. Le président touchera une indemnité de 30€/séance, le secrétaire un montant de 40€/séance. Cette décision prise à l'unanimité des voix.

### 7. Site scolaire Saeul - dénomination

Il y a lieu de signaler distinctement les différents acteurs qui se trouvent sur le nouveau site scolaire à Saeul.

L'école fondamentale sera dénommée « Sëller Schoul », la structure d'éducation et d'accueil (Maison relais) « Toeresgäertchen » avec comme adresse commune la rue « Um Sand ».
(le numéro 8, Um Sand a été attribué ultérieurement par le collège échevinal).

La salle des fêtes sera dénommée « Festsall » avec comme adresse 7, route d'Arlon.

### 8. Autorisation d'ester en justice

Le collège échevinal sollicite une autorisation d'ester en justice en vue de récupérer les frais occasionnés par le déplacement d'une croix de chemin sise à Ehner, frais qui auraient dû être supportés par le requérant de l'autorisation à bâtir du terrain concerné.
L'autorisation est accordée sans objections quelconques.

### 9. Remembrement forestier - convention

Par l'intermédiaire de l'Office national du remembrement la commune acquiert quatre parcelles forestières d'une contenance totale de 0,946 hectare au prix de 25.000€ au lieu-dit « Unter der Schock » à Saeul.
La convention y relative trouve l'approbation unanime du conseil communal.

### 10. SEBES - convention

La convention entre le syndicat intercommunal SEBES et l'administration communale de Saeul porte sur le déplacement de la conduite DN900 du SEBES à Schwebach. La participation financière à charge de la commune s'élèvera à 306.360 €, hTVA.
La convention est ratifiée unanimement.

### 11. ASTA - devis

Un devis élaboré par l'administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) portant sur la remise en état du chemin rural « Winebësch » à Ehner, au montant

total de 90.000€, est approuvé à l'unanimité des voix.

### 12. SICONA - convention

Une convention entre le collège échevinal et M. Yves Conter, portant sur la plantation d'arbres fruitiers sur des parcelles situées à Saeul, est ratifiée unanimement.

## Séance du conseil communal du 28 septembre 2017

**Présents:** Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch, Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, conseillers.
Joé Wolff, secrétaire communal ff.

### 1. Plan de gestion des forêts communales 2018

Le garde-forestier Thierry Hollerich présente le plan de gestion de l'année à venir. Les investissements prévus (dépenses) s'élèvent à 109.250€ contre des recettes (vente de bois) estimées à 85.670€.
Le plan de gestion est approuvé unanimement tel qu'il a été présenté.

### 2. Modification ponctuelle du PAG à Schwebach

Dans le cadre de la réalisation de plusieurs projets différents (changement tracé conduite SEBES, construction d'un parking P&R et d'un atelier communal) des terrains appartenant à la commune et à des personnes privées sont reclassés partiellement dans le périmètre d'agglomération, ceci afin de permettre la réalisation d'un plan d'aménagement particulier (PAP).
Une observation/remarque présentée à l'encontre dudit projet n'a pas été retenue et la modification ponctuelle a été approuvée définitivement et unanimement.

### 3. Projet de règlement grand-ducal - Création de zones de protection autour des captages d'eau souterraine

La loi sur la protection de l'eau prévoit la création de zones de protection autour des captages d'eau souterraine (sources). A l'intérieur de ces zones (classées de I à III) des interdictions et/ou restrictions relatives à l'utilisation de pesticides et d'engrais minéraux ou organiques seront réglementées par voie grand-ducale.
Le projet de règlement a été présenté à Saeul lors d'une soirée d'information par les responsables de l'Administration de la Gestion de l'Eau (AGE). Les propriétaires des terrains concernés ont la possibilité de formuler leurs objections (2 réclamations ont été introduites) à l'encontre dudit projet.
Le conseil communal (M. Fisch et Grün n'ont pas participé aux discussions & vote pour cause d'intérêt direct) a pour sa part la possibilité d'émettre un avis dont voici la contenance :
Le conseil communal de Saeul soutient et encourage une gestion durable et responsable des eaux souterraines destinées à la consommation humaine et reconnaît l'indispensabilité du projet de règlement grand-ducal en question. Quant à formuler un avis scientifique sur les détails du règlement et des réclamations en cause, le conseil communal se considère dépassé et incapable d'évaluer et/ou d'établir des études hydrogéologiques mais est d'avis que les zones de protection sont à limiter au territoire effectivement affecté plutôt que de classifier comme protégées des parcelles cadastrales dans leur totalité même si elles ne sont que partiellement concernées.

### 4. Propriété des édifices religieux

Le conseil communal décide avec 3 voix pour et 2 abstentions (les échevins Frisch et Zoller ont volontairement non participé au vote) de proposer au Ministère de l'Intérieur d'attribuer le droit de propriété (par le biais d'un projet de loi) des églises de Calmus, Saeul et de Schwebach, ainsi que les chapelles de Ehner et de Kapweiler au bénéfice de la Commune de Saeul.
L'église de Saeul, laquelle restera sacrée, sera mise à disposition de l'Église catholique du Luxembourg pour la célébration des messes du culte catholique.
Les autres édifices religieux seront désacralisés et désaffectés au cas où la Commune restera/deviendra propriétaire de ces bâtiments religieux.

### 5. SICONA : Programme d'action 2018

Le programme prévoit des mesures d'entretien des biotopes, la protection d'espèces menacées, ainsi que des campagnes d'information et de sensibilisation pour un montant de 21.500€. La création de nouveaux biotopes à Schwebach (mesures de compensation milan royal) s'élèvera à 80.002,89€ et sera inscrite au budget extraordinaire de l'année 2018.
Le programme d'action est approuvé à l'unanimité des voix.

### 6. Organisation scolaire définitive pour l'année scolaire 2017/2018

Le conseil communal arrête définitivement avec quelques modifications l'organisation scolaire 2017/2018 qui avait été présenté provisoirement en séance du conseil communal du 28 juin 2017.

| Classe | Nombre | Intervenants |
|---|---|---|
| Cycle 1 | 19 enfants | Isabelle Gilson, Stéphanie Fève, Isabelle Elsen |
| Cycle 2 | 13 élèves | Jeanny Crochet, Georgette Schmit. Isabelle Elsen |
| Cycle 3 | 17 élèves | Renée Olinger, Anna Mergen, Isabelle Elsen |
| Cycle 4 | 16 élèves | Isabelle Elsen, Jeanny Crochet, Daniela Vilela Pereira |

### 7. Plan d'encadrement périscolaire 2017/2018

Le plan prévoit le renforcement de la collaboration entre l'école fondamentale et la Maison relais par le biais de la réalisation de différents projets communs. Le plan est approuvé à l'unanimité des voix.

### 8. Maison relais «Toeresgäertchen» - Concept d'action général 2017-2020

Un concept pédagogique, élaboré par la chargée de direction de la Maison relais, trouve l'approbation unanime du conseil.

### 9. Finances communales :

A l'instar des années précédentes, les taux de l'impôt commercial et de l'impôt foncier restent inchangés et sont approuvés unanimement pour l'année 2018.
a) Impôt commercial - 300%
b) Impôt foncier A et B - 300%

### 10. Budget 2017

Les deux points ci-dessous sont approuvés à l'unanimité des voix :
a) Un crédit spécial de 11.800€ en vue de l'acquisition de plusieurs parcelles forestières aux lieux-dits «Unter der Schock» et «Unter Hamm» à Saeul ;
b) Le tableau des modifications du budget ordinaire avec 86.000€ de recettes en plus contre 16.050€ de dépenses supplémentaires.

## Gemengerotssëtzung vum 14. Februar 2017

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch a Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler,
Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.
**Entschëllegt :** Guy Grün, Konselljee.

### 1. Edude fir ze kucke wat geet

Den Här Paul Kauten vum Energiepark Réiden S.A. stellt eng Edude vir, wou ënnersicht gëtt wéi ee kann d'Gemengegebaier, déi am Zentrum vu Säll leien, iwwert e Verbondnetz hëtzen (Schoul, Maison relais, Festsall, Kierch a Gemeng) .

### 2. PAP zu Kaalmes

De PAP (Plan d'aménagement particulier) gesäit de Bau vu 14 Logementer zu Kaalmes « Am Sällerlach » vir. No enger klenger Upassung, op Urode vum Inneministère, gëtt de Projet eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

### 3. Notariellen Akt

En notariellen Akt, wéinst dem Verkaf vun enger Bëschparzell zu Iener, am « Wienenbusch », Gréisst 11,10 Ar, fir de Präis vun 1.110€, am Bësetz vun der Famill Ernest Krier-Haeck, gëtt eestëmmeg vum Gemengerot ënnerzeechent.

### 4. Stutentenaarbecht

Sou wéi an deene vergaangene Joren decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, fir an der Summervakanz 14 Deeg laang Studenten anzestellen. Déi vu 15 Joer hu Prioritéit.

### 5. Subsiden

De Konsell verdeelt dës Subsiden eestëmmeg :
a) Lokal Veräiner

| | |
|---|---|
| Club des Jeunes Saeul - Fraen a Mammen Saeul - CTF Saeul - Sapeurs Pompiers de Saeul - Lucilinburhuc asbl | 620 € |
| Säller Musek asbl | 4.960 € |
| Chorale Ste Cécile Saeul | 2.120 € |

b) Aner Veräiner

| | |
|---|---|
| Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutz-liga Sektioun Réiden | 250 € |
| Soroptimist International Club Mosaïk Réiden | 500 € |
| Swimming Club de Redange | 674 € |
| Entente des sociétés / Semi-marathon Beckerich 2017 | 30€ |
| Fédération régionale des corps de sapeurs pompiers Nord | 250 € |
| Op der Schock a.s.b.l. | 100 € |
| Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 25€ |
| Ile aux Clowns - Sécurité routière - Massendénger Parverband Helpert - Union Grand-Duc Adolphe | 50€ |

## Gemengerotssëtzung vum 22. Mäerz 2017

Et waren do : Raoul Clausse, Buergermeeschter
Marc Fisch a Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler,
Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.
Entschëllegt : Guy Grün, Konselljee.

### 1. Recetten

De Gemengerot ënnerschreift d'Recettë fir d'Joer 2106. Et sinn 1.794.176,94€.

### 2. Verlängerung vun enger Servitude wéinst Bauverbued

Am Kader vum Ausschaffe vun engem neie PAG vun der Gemeng Säll, schléit de Gemengerot vir, de Bauverbuet, deen am Gemengerot vum 23. Februar 2016 ausgesprach gi war, ëm 1 Joer ze verlängeren. (Artikel 17 vum Gesetz vum 28. Juli 2011 iwwert de PAG). Et geet hei ëm d'Terrainen zu Säll mat de Kadasternummeren 728/2343 ; 729/2344 ; 731/2345 a 731/2346.
Dës Verlängerung vun engem Joer gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 3. Spezialkredit

Fir kënnen e Stéck Bësch op der Plaz « Unter der Schock » zu Säll ze kafen, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg en Zousazkredit vu 25.000€ an de Budget 2017 ze setzen.

### 4. Subsid fir e Spezialprojet

D'Associatioun « Action pour un monde uni » vu Fëlschdref kritt en Don vun 2.500€. Domat kënne si hëllefen d'Duerf Nyakaiga an Tanzania mat Drénkwaasser ze versuergen.

### 5. Office social-Konventioun

De Gemengerot ënnerschreift d'Konventioun mam Office social vum Kanton Réiden fir d'Joer 2017.

### 6. Office national vum Remembrement-Konventioun

Et gëtt eng Konventioun mam ONR eestëmmeg ënnerschriwwen. Den Amenagement vum Bëschwee op den « Ditzebierg » zu Säll gëtt vum ONR mat 22.353,21€ ënnerstëtzt. Dat si 50% vum Käschtepunkt.

### 7. Guttheesche vun engem Devis

De Käschtepunkt fir d'Erneierung vun der Kiercheplaz an Zentrum vu Säll gëtt op 80.000€ geschat. Den Devis heizou, vum techneschen Zerwiss vun der Gemeng opgesat, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## Gemengerotssëtzung vum 11. Abrëll 2017

Et waren do : Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch a Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.
Entschëllegt : Edmond Gengler, Konselljee.

## Geschlosse Sëtzung

### 1. Personalfro

Den Här Joé Wolff gëtt definitiv an eestëmmeg, an engem geheime Vote, op de Poste vun engem administrative Redakter mat Vollbeschäftigung op de Gemeng Säll noméiert.

## Ëffentlech Sëtzung

### 2. PAG-Deelweis Modifikatioun

Déi punktuell Modifikatiounen am PAG vun der Säller Gemeng betreffen nëmmen d'Duerf Schweebech. Verschidden Terrainen, déi der Gemeng an och private Leit gehéieren, ginn deelweis am Perimeter vum Duerf reklasséiert. Dat geschitt, fir d'Realisatioun vun zwéi PAPen ze ermëiglechen.
De Projet gëtt eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl, a fir Avis un déi zoustänneg Ministère weidergeleet.

### 3. PAP-Punktuell Modifikatioun

De Projet, fir déi punktuell Modifikatioun vum PAP « rue Jean Mersch » zu Säll, deen eng liicht Upassung vun de

Grenze vun 2 Terrainen (Konsorte Kaufmann-Berens) virgesäit, gëtt eestëmmeg ugeholl.

**4. PAP Iener-Konventioun**

Déi Konventioun konnt nach net ënnerschriwwe ginn, well d'Decisioun vun der Waasserverwaltung nach net do ass. Dee Punkt gëtt also op eng spéider Sëtzung verluecht.

**5. Reklassement vun enger Gemengeparzell**

Eng Parzell, an der Gréisst vun 2,51 Ar, déi der Gemeng gehéiert (ëffentleche Verkéierswee) gëtt an de private Gemengebesëtz reklasséiert, fir spéider ofgetrueden ze ginn. De Reklassement gëtt ouni Géigestëmm ugeholl.

## Gemengerotssëtzung vum 9. Mee 2017

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch (vum Punkt 2 un) a Gérard Zoller, Schäffen,
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.

### Geschlosse Sëtzung

**1. Personalfro**

De Gemengerot stëmmt geheim an eestëmmeg of. Den Här Joé Wolff gëtt vum 1. Juni 2017 un als neie Gemengesekretär ff genannt. Dat Engagement geet bis den 31. Dezember 2018.

### Ëffentlech Sëtzung

**2. Kreditligne**

Et gëtt eestëmmeg festgehal, d'Kreditligne déi den 30. Juni ausleeft mam selwechte Montant (1.500.000€) fir e weidert Joer ze verlängeren. (Bis den 30. Juni 2018)

**3. Réckstänn 2016**

D'Lëscht mat de Réckstänn fir d'Joer 2016 gëtt vum Receveur virgedroen. Et gëtt eestëmmeg eng Decharge fir eng Zomm vu 15,40€ bewëllegt. Wat nach aussteet ass en Total vu 6.221,23€.

**4. Ofrechnungen**

D'Ofrechnunge vun der Phas 2 (Zentralschoul) an der Phas 3 (Maison relais) gëtt ouni Widdersproch ugeholl.De Käschtepunkt vun der Zentralschoul (Phas 2) beleeft sech op 2.615.897,85 € an dee vun der Maison relais (Phas 3) op 2.072.859,25 €.
Den totale Präis vun deenen 3 Phase vum Projet „Zentralschoul, Sportshal a Maison relais" ass 7.164.000 €.

**5. Zerwiss Educatioun an Accueil-Konvention**

D'Konventioun, déi tëschent dem Educatiounsministère an dem Schäfferot, wéinst der Bedeelegung un de Käschte fir de Fonctionnement vum Zerwiss Educatioun an Accueil (Maison relais) fir d'Joer 2017 ënnerschriwwe gi war, ass eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn. De Staat leet ëm déi 75% bei de Käschte bäi.

**6. PAP-Punktuell Modifikatioun**

En zweete Modifikatiounsprojet vum PAP an der „Rue Jean Mersch" zu Säll gesäit eng Ofännerungen um Niveau vum ale Gebai John March am Intressi vum neie Besëtzer vir. De Gemengerot ass eestëmmeg averstanen.

**7. Verkafscompromis**

Tëschent dem Schäfferot an der Famill François Ooms vu Säll ass e Compromis ënnerschriwwe ginn. D'Gemeng soll 4 Bëschparzellen zu Säll « Unter der Schock » vun der Famill Ooms kafen. Déi Parzelle sinn 0,946 Hektar grouss a kaschte 25.000€. De Gemengerot hëlt dee Compromis eestëmmeg un.

## Gemengerotssëtzung vum 29. Mee 2017

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün,
Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.
**Entschëllegt :** Marc Fisch, Schäffen.

### Geschlosse Sëtzung

**1. Léierpersonal-Neiastellung**

Well e Posten am Cycle 2-4 fräiginn ass, beschléisst de Gemengerot majoritär d'Madame Daniela VILELA PEREIRA vu Läntgen anzestellen.

### Ëffentlech Sëtzung

**2. Allgemengt Verkéiersreglement**

Dat neit allgemengt Verkéiersreglement, dat vum Bureau d'étude Schroeder & Associés ausgeschafft ginn ass, gesäit d'Ariichte vun 30er-Zone vir. An enger éischter Phas ginn déi Zonen zu Säll realiséiert (ausser an de Staatsstroossen). Déi aner Uertschafte kommen da geschwënn no.

### 3. PAP zu Iener-Konventioun

Dëse Punkt ass vun der Dagesuerdnung geholl ginn, well verschidde speziell Dispositiounen an der Konventioun nach net kloer sinn.

## Gemengerotssëtzung vum 28. Juni 2017

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch, Schäffen
Edmond Gengler, Guy Grün,
Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.
**Entschëllegt :** Gérard Zoller, Schäffen, Valérie Bégué, Konselljee.

### 1. Presentatioun « Youth4Work »

D'Madame Ariane Toepfer stellt d'Aktivitéite vum Zerwiss vir. E riicht sech besonnesch u Jonker déi hir Schoul fäerdeg oder ofgebrach hunn, an déi op der Sich no enger Aarbecht oder Léierplaz sinn.

### 2. PAP Iener - Convention particulière

### 3. PAP Iener - Convention d'exécution

D'Punkten 2 an 3 si verluecht ginn, well nach Differenzen tëschent dem Lotisseur an der Gemeng bestinn.

### 4. Verschidde Verkafsakten-Stroossennetz

Fir e Gemengewee, dee schonn am Gemengeninventar besteet, kënnen ze verleeën, huet d'Gemeng sech eng zéng Parzelle gratis beschaaft. Déi verschidden notariell Akte sinn eestëmmeg ënnerzeechent ginn.

### 5. Zousäzlech Krediter

a) **Amenagement vun der Duerfplaz**
Den Amenagement vun der Duerfplaz mam Bau vun engem Waasserspill stoung am Budget vun 2017. Et kommen zousäzlech Ausgaben derbäi (Bauaarbechten, Pompel asw.). Dozou gehéiert och d'Opriichte vu Signalisatiounsschëlter an d'Uplanze vu Straich a Gréngs.
En Zousazkredit vu 35.000€ ass dofir eestëmmeg vum Gemengerot gestëmmt ginn.

b) **Uschafe vu Miwwel fir de Cycle 1**
En Zousazkredit vun 1.250€ fir d'Uschafe vu Miwwel fir d'Spillschoul gëtt eestëmmeg ugeholl.

c) **Uschafe vu Miwwel fir d'Cyclen 2-4**
En Zousazkredit vu 4.500€ fir d'Uschafe vu Miwwel fir d'Primärschoul ass och eestëmmeg ugeholl ginn.

### 6. Schoulorganisatiuon

D'Schoulorganisatioun 2017/2018 gëtt provisoresch an eestëmmeg ugeholl. Ongeféier 60 Kanner wäerten déi verschidden Cycle besichen.

| Classe | Nombre | Intervenants |
|---|---|---|
| Cycle 1 | 22 enfants | Isabelle Gilson & Stéphanie Fève |
| Cycle 2 | 13 élèves | Jeanny Crochet & Georgette Schmit |
| Cycle 3 | 15 élèves | Renée Olinger & Daniela Vilela Pereira |
| Cycle 4 | 17 élèves | Isabelle Elsen, Jeanny Crochet & Daniela Vilela Pereira |

### 7. Schoulentwécklungsplang

Den neie Schoulentwécklungsplang (PDS) gesäit sech als Ergänzung zum Schoulerfollegsplang (PRS).
D'Objektiver sinn identesch, a gesinn eng Analyse vun der Schoulsituatioun vir, d'Festleeë vun den Objektiver fir d'Qualitéit vum Enseignement ze verstäerken an ze verbesseren, seng eigentlech Aféierung an d'Ausschaffe vun engem Ofschlossbilan no 3 Joer.
De virgestallte PDS ass vun der Schoulkommissioun guttgeheescht ginn, an och de Gemengerot huet näischt drun auszesetzen.

## Gemengerotssëtzung vum 31. Juli 2017

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch, Schäffen.
Valérie Bégué, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.
**Entschëllegt :** Gérard Zoller, Schäffen, Edmond Gengler, Konselljee.

### 1. PAP Iener-Partikularkonventioun

Eng Partikularkonventioun tëschent der Gemeng Säll an der bestueter Koppel Krier-Haeck vun Iener, iwwert déi finanziell Bedeelegung un den Infrastrukturaarbechten zu Iener, ass eestëmmeg vum Gemengerot ënnerschriwwe ginn.

### 2. PAP Iener-Konventioun fir d'Ëmsetzung

D'Konventioun an den techneschen Dossier, fir d'Ëmsetze vun de privaten Amenagementspläng zu Iener op der « Haaptstrooss », ass eestëmmeg ënnerzeechent ginn. An där Konventioun geet et ëm d'Infrastrukturaarbechten (Stroossen, ëffentlech Plazen, Kanal asw.) vum Amenage-

mentsplang.

### 3. Méijoresplang fir de Finanzement 2017-Presentatioun

De Méijoresplang fir de Finanzement ass eng Aussicht op déi finanziell Situatioun vun der Gemeng an de Joren 2017 bis 2020. De Projet gëtt virgestallt ouni driwwer ofzestëmmen.

### 4. Gemengecomptabilitéit

a) **Konte vum Exercice 2015**
D'Konte vun der Gestioun (Gemengereceveur) an déi administrativ Konte (Schäfferot) vum Joer 2015 gi provisoresch ofgeschloss an eestëmmeg guttgehal. Hei ass den Tableau vun deene Konten :

| Comptes de gestion & administratif 2015 | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes | 2.853.754,82 | 1.448.965,50 |
| Total des dépenses | 2.326.224,04 | 2.739.812,23 |
| Boni/Mali propre à l'exercice | 527.530,78 | -1.290.846,73 |
| Boni du compte de 2014 | 1.075.160,21 | 1.159.881,06 |
| Boni/Mali général | 1.602.690,99 | -130.965,67 |
| Boni définitif | 1.471.725,32 | |

a) **Ofschlosskonten**
Dës zwéin Ofschlosskonte sinn eestëmmeg ugeholl ginn :
- D'Renovatioun vun de Stroossen « Kiem - Sand - Dall - Jean Mersch - Bour - rue de Mersch » zum totale Präis vun 1.067.912,17€.
- D'Flécke vum Feldwee « Déifleck » vu Kapweiler op Säll, fir de Präis vun 133.134,85€.

### 5. Festleeë vun enger Botztaxe

Wann een d'Kiche vum Festsall zu Säll benotzt, da kritt een eng Botztaxe vun 100€ gefrot. Dat ass eestëmmeg beschloss ginn.

### 6. Festleeë vun de Präsenzjetongen

All Member vun enger berodender Kommissioun vun der Gemeng, kritt 20€ op de Kapp pro Sëtzung bezuelt. De President kritt 30€ fir eng Sëtzung, de Sekretär kritt 40€. Dat ass eestëmmeg festgehal ginn.

### 7. Schoulplaz zu Säll-Benennung

Et geet drëm, deene verschiddenen Ecken a Plazen um neie Schoulcampus zu Säll en Numm ze ginn.
D'Grondschoul gëtt « Säller Schoul » genannt, an d'Opfangstruktur (Maison relais) kritt den Numm « Toeresgäertchen ». D'Adress fir déi zwee Gebaier ass « Um Sand ». Duerno huet de Schäfferot d'Nummer 8 um Sand bäigesat.
De Festsall gëtt « Festsall » genannt, an déi ëffentlech Plaz heescht « Duerfplaz ». D'Adress ass 7, rue d'Arlon.

### 4. Erlaabnis fir um Geriicht ze kloen

De Schäfferot freet d'Erlaabnis, fir um Geriicht d'Käschten anzedreiwen, déi doduerch entstane sinn, datt een e Weekräiz zu Iener op sengem Bauterrain versat huet. Fir déi Käschten hätt deejéinege selwer missen opkommen. De Schäfferot kritt eestëmmeg déi Erlaabnis.

### 5. Remembrement am Bësch-Konventioun

Iwwert den Office national du remembrement kritt d'Gemeng 4 Bëschparzelle vun am Ganzen 0,946 Hektar fir de Präis vu 25.000€ op der Plaz « Unter der Schock » zu Säll.
Déi betreffend Konventioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 6. SEBES-Konventioun

An der Konventioun tëschent dem interkommunale Syndikat SEBES an der Gemeng Säll, geet et ëm d'Verleeë vun der Leitung DN900 vun der SEBES zu Schweebech. Dat kascht d'Gemeng 306.360€ ouni TVA.
D'Konventioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 7. ASTA-Devis

Den Devis, deen d'Administration des services techniques de l'Agriculture (ASTA) opgesat huet, fir d'Erneierung vum Feldwee « Winebësch » zu Iener, fir de Präis vun 90.000€, gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 8. SICONA-Konventioun

Eng Konventioun tëschent dem Schäfferot an dem Här Yves Conter, fir d'Uplanze vun Uebstbeem op verschiddene Parzellen zu Säll, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## Gemengerotssëtzung
## vum 28. September 2017

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch, Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

### 1. Wirtschaftsplang vun de Gemengebëscher 2018

De Fierschter Thierry Hollerich stellt de Wirtschaftsplang fir dat nächst Joer vir. Déi viraussiichtlech Ausgabe belafen sech op 109.250€, d'Recetten aus dem Holzverkaf ginn op 85.670€ geschat. De Plang gëtt eestëmmeg guttgeheescht.

### 2. Punktuell Modifikatioun vum PAG zu Schweebech

Am Kader vun der Realisatioun vu verschiddene Projeten (Verleeë vun der SEBES Leitung, Bau vun engem P&R an engem Gemengenatelier), gi privat a Gemengenterrainen deelweis am Bauperimeter ëmklasséiert. Dat ass néideg, fir en neie PAP opzestellen.
Eng Bemierkung, déi sech géint dee Projet geriicht huet, ass net zréckbehale ginn. Déi punktuell Ofännerung ass definitiv an eestëmmeg ugeholl ginn.

### 3. Groussherzoglecht Reglement-Schafe vu Schutzzone ronderëm d'Quellgebitter

D'Gesetz iwwert de Waasserschutz gesäit d'Schafe vu Schutzzone ronderëm d'Quellgebitter vir. Bannent deenen Zonen (klasséiert vun I bis III) gëtt de Gebrauch oder de Verbuet vu Sprëtzmëttel a mineraleschen oder orgameschen Düngemëttel duerch e groussherzoglecht Reglement geregelt.
De Projet ass zu Säll an enger ëffentlecher Informatiounsversammlung, vun de Responsablen aus der Administration de la Gestion de l'Eau (AGE), virgestallt ginn.
D'Proprietairë vun deene betraffenen Terrainen hunn d'Méiglechkeet hir Bedenken (et sinn 2 Rekamatiounnen erakomm) anzereechen.
De Gemengerot (déi Häre Fisch a Grün hunn, aus perséinlechen Intressen, net un deenen Diskussiounen, an och net un der Ofstëmmung deelgeholl) huet sengersäits d'Méiglechkeet en Avis ofzeginn. Hei ass de Wuertlaut :
De Säller Gemengerot ënnerstëtzt a fërdert eng nohalteg a verantwortungsbewosst Gestioun vum Grondwaasser, dat als Drénkwaasser geduecht ass, a versteet d'Wichtegkeet vun deem groussherzogleche Reglement. Wat awer de wëssenschaftlech Avis, an och d'Bewäerte vun de Reklamatiounen ugeet, do ass de Gemengerot mat deenen hydrogeologeschen Etuden iwwerfuerdert. De Gemengerot ass awer der Meenung, datt déi Schutzzone sech sollen op déi Terraine beschränken, déi wierklech a Fro kommen, amplaz ganz Kadasterparzellen ze klasséieren, wann se nëmmen deelweis a Fro kommen.

### 4. Bësetz vun de reliéise Gebaier

De Gemengerot beschléisst mat 3 Jo Stëmmen an 2 Enthalungen (d'Schäffe Fisch an Zoller hu fräiwëlleg op eng Ofstëmmung verzicht) dem Inneminister virzeschloen, d'Besëtzrechter (duerch e Gesetzprojet) vun de Kierchen zu Kaalmes, Säll a Schweebech, grad ewéi déi vun de Kapellen zu Iener a Kapweiler der Gemeng Säll ze iwwerdroen.
Déi Säller Kiech, déi geweit bleift, gëtt der Kathoulescher Kierch vu Lëtzebuerg fir hire Kult zur Verfügung gestallt.
Déi aner sakral Gebaier ginn entweit, a fir aner Zwecker gebraucht, wann se a Gemengebesëtz sinn oder bleiwen.

### 5. SICONA : Aktiounsprogramm 2018

De Programm gesäit den Ënnerhalt vun de Biotopen, de Schutz vun de bedrohten Aarten an d'Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne, fir eng Zomm vun 21.500€ vir. D'Schafe vun neie Biotopen zu Schweebech (Kompensatioun fir de Roude Schwéierschwanz) beleeft sech op 80.002,89€, a gëtt an den extraordinaire Budget fir d'Joer 2018 agedroen.
Den Aktiounsprogramm gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 6. Definitiv Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2017/2018

De Gemengerot leet d'Schoulorganisatioun 2017/2018 mat liichten Ëmännerunge fest. Dës Organisatioun war scho provisoresch an der Sëtzung vum 28. Juni 2017 gestëmmt ginn.

| Classe | Nombre | Intervenants |
|---|---|---|
| Cycle 1 | 19 enfants | Isabelle Gilson, Stéphanie Fève, Isabelle Elsen |
| Cycle 2 | 13 élèves | Jeanny Crochet, Georgette Schmit. Isabelle Elsen |
| Cycle 3 | 17 élèves | Renée Olinger, Anna Mergen, Isabelle Elsen |
| Cycle 4 | 16 élèves | Anna Mergen, Jeanny Crochet, Daniela Vilela Pereira |

### 7. Ausserschouleschen Opfangplang 2017/2018

De Plang gesäit méi eng staark Zesummenaarbecht tëschent der Grondschoul an der Maison relais, mat Hëllef vu verschiddene gemeinschaftleche Projete, vir.

De Plang gëtt eestëmmeg ugeholl.

**8. Maison relais «Toeresgäertchen» - Pädagogescht Konzept 2017-2020**

Dat pädagogescht Konzept, vun der Chargée de direction aus der Maison relais ausgeschafft, gëtt eestëmmeg vum Konsell guttgeheescht.

**9. Gemengefinanzen**

Sou wéi an de vergaangene Joren, bleiwen d'Steiersäz fir d'Gewerbesteier an d'Grondsteier onverännert, a ginn eestëmmeg fir 2018 ugeholl.
Gewerbesteier - 300%
Grondsteier A a B - 300%

**10. Budget 2017**

Dës zwéi Punkte sinn eestëmmeg ugeholl ginn :
E Spezialkredit vun 11.800€ fir d'Uschafe vu verschiddene Bëschparzellen «Unter der Schock» an «Unter Hamm» zu Säll ;
Den Tableau mat den Upassunge vum ordinäre Budget. 86.000€ zusäzlech Recetten a 16.050€ zousäzlech Ausgaben.

# Avis officiels

• Dans sa séance du 22 mars 2017 le conseil communal a approuvé une première prolongation d'une servitude visée aux articles 20 et 21 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain. Pendant l'élaboration du nouveau Projet d'Aménagement Général (PAG) de la Commune de Saeul, la servitude d'interdiction et de lotissement frappe des terrains indiqués dans ladite délibération du 22.03.17. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 06 avril 2017, référence 112C et a été publiée le 18 avril 2017.

• Dans sa séance du 11 avril 2017 le conseil communal a approuvé une modification ponctuelle (Kaufmann & Berens-Neumann) du projet d'aménagement particulier (PAP) "Jean Mersch" à Saeul. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 22 juin 2017, références 17930/112C et a été publiée le 05 juillet 2017.

• Dans sa séance du 09 mai 2017 le conseil communal a approuvé une modification ponctuelle (Wickler) du projet d'aménagement particulier (PAP) "Jean Mersch" à Saeul. Le Ministre de l'Intérieur avait constaté en date du 24 avril 2017 que le projet en question est conforme aux dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 et a confirmé l'application de la procédure d'adoption(loi omnibus). En date du 22 mai 2017, une notification sur la décision du Conseil communal a été publiée et envoyée au Ministre de l'Intérieur.



# DON - TANSANIE

*Installation d'une alimentation en eau pour le village de Nyakaiga en Tanzanie (Projet 2016-2019)*

Le conseil communal de Saeul octroie chaque année un don d'une valeur de 2.500€ pour des projets d'aide humanitaire. Jean-Paul Frank de la "Sëller Musek" s'engage auprès de l'ONG « Action pour un Monde Uni » depuis de nombreuses années. Le don de cette année contribuera modestement à la réalisation du projet décrit ci-dessous.

Le village de Nyakaiga est situé au Nord-Ouest du Lac Victoria en Tanzanie. La région Kagera fait frontière avec l'Ouganda au Nord, le Rwanda et le Burundi à l'Ouest et avec le Lac Victoria à l'Est. Le village compte environ 5.650 habitants.

## La situation actuelle

Un problème dont le village Nyakaiga est confronté consiste dans le fait que non seulement la population locale, mais également un hôpital régional, une école secondaire et des écoles primaires doivent survivre avec un approvisionnement très limité en eau propre. Les habitants de cette région vivent principalement de l'agriculture et dépendent donc fortement de la disponibilité en eau.
Aucune installation d'alimentation en eau n'est en place, comme d' ailleurs dans beaucoup d'autres villages. Par conséquence, toute eau utilisée dans le village doit être transportée des sources qui se trouvent à une distance de +/- 500 m à l'aide de conteneurs et de bidons de 20 l. Le plus souvent, les enfants et les femmes sont chargés de faire ce travail et ils doivent aller chercher de l'eau avant d'aller à l'école. Ce manque d'eau est très difficile à gérer pour les écoles et surtout pour l'hôpital.

## Les bénéficiaires directes

Le village de Nyakaiga comprend 1.215 familles, 5.627 habitants. Les écoles secondaire et primaires comptent, incluant le personnel, 1.059 personnes. L'hôpital accueille quotidiennement des patients et avec le personnel qui y travaille on compte un total d'environ 100 personnes/jour. Le total des bénéficiaires directs s'élève donc à 6.786 personnes (femmes, enfants et hommes).

## Description du projet à réaliser

Mise en place d'une alimentation en eau.
Année 1 : réalisation des travaux, installation de l'infrastructure et formations.
Année 2 : suivi de la distribution d'eau, soutien, accompagnement et formation du comité local de gestion d'eau, adaptation du système d'alimentation en eau en cas de besoin.
Année 3 : suivi du projet, accompagnement du comité de gestion et évaluation du projet et adaptation du projet en cas de besoin.

## Financement du projet

Budget alloué au projet : 262.003,29 €
Contribution du Gouvernement luxembourgeois : 174.668,86 €
Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl : 87.334,43 €

Action pour un Monde Uni
11 Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
www.amu.lu
CCP LU83 1111 1287 6344 0000







## Hex a Buerg

*Eis Séller Jugend scheit keng Aarbecht an trotzt dem Wieder, fir d'Traditiounen hei zu Séll oprecht ze erhalen. Dëst Joer goufen souwuel d'Hex ewéi och d'Buerg bei der décker Eech verbrannt.*













## Galaconcert

*Mam Thema "From Classic to Rock" huet, den 11. Mäerz 2017, d'Säller Musek de Publikum erëm begeeschtert. Ënnert der Direktioun vum Sven Drui goufe Stécker wéi : Orient Express, Bohemian Rapsody, Signature, Voyage Voyage, Led Zepplin, Deep Purple... an nach vill méi virgefouert.*










## Fraen a Mammen

*Och dëst Joer hunn d'Fraen a Mammen de 26. Mäerz op hiert Mëttegiessen agelueden. Niewent der traditioneller waarmer Ham gouf et och Chili con carne a Quiche. D'Wiel vun den hausgemaachten Desserte war nees grouss.*





## Grouss Botz

*Eng ronn 30 fräiwëlleg Awunner aus eiser Gemeng hunn dëst Joer an der Ouschtervakanz bei der Grouss Botz-Aktioun, déi vun de Pompjeeën den 22. Abrëll organiséiert gouf, deelgeholl.*
*Nom Asammele vun Dreck a Knascht laanscht d'Gemengeweeër a -stroossen, goufen déi fläisseg Mataarbechter mat enger gudder Stäerkung (Ham, Fritten an Zalot) belount.*



## Schoultheater

*Schoultheater gouf och nees dëst Joer gespillt! Ënnert der Leedung vum Anna Mergen gouf et e Festiessen. D'Schüler aus dem Cycle 4 hu geréiert, geklappt a gekacht. Dee beschte Wäin gouf iwwer Dësch zerwéiert. E Bocuse d'Or hätten se verdéngt! "Le Gigot de Richelieu" huet dat lëschtegt Stéck geheescht. Chapeau les enfants !*



## Fréijoersmaart

*De 14. Mee wor nees Säller Fréijoersmaart ugesot. Bei guddem Wieder konnt ee villes kucken, schmaachen a kafen. Fir d'Iessen an d'Gedrénks hunn d'Pompjeeën an hir sällechen "Helferleinen" gesuergt. Ouni déi wier esou eng Manifestatioun net méiglech !*

## Mammendagsfeier

*De Gaart an Heem huet den 10. Juni 2017 op seng Mammendagsfeier agelueden. Däst Joer gouf et flott Danzmusek mam Jeannot Conter.*

## Coupe scolaire

*De 17. Juni 2017 hunn eis Schüler vum Cycle 4 hiert Kënnen um Vëlo bewisen: Geschécklechkeetsfueren am "Parc fermé", Prouffueren op der Teststreck an d'Coupe Scolaire hunn zum Programm vum Samschdeg Moie gehéiert.*





## Fête du village Ehner

*Zu lener bei der Kapell huet d'Gemeng, zesumme mam Catherine Weirich a mam Joël Santer, samschdes de 17. Juni 2017 op en Duerffest agelueden. No enger Mass an der Kapell gouf et allerhand vum Grill z'iessen. Déi Suen, déi deen Dag gesammelt goufen, sinn un "Society fir Indian Children's Welfare" & MILA asbl gestëft ginn.*







## Nationalfeierdag

Traditionell nom TE DEUM gëtt eng Gerbe beim “Monument aux morts” nidderge-luecht mat uschléissender Ried vum Buergermeeschter. Duerno geet et am Cortège bis op d’Duerfplaz nieft dem Festsall, wou déi verdéngschtvoll Pompjeeë geéiert ginn an den Éierewäin zerwéiert gëtt. Fir déi déi méi laang wëlle bleiwen, suergt all Joer déi Säller Musek mat lessen a Gedrénks. Dëst Joer huet de Jugendensembel vun der Musek an de Saxophon Quartett Redsax fir déi musikalesch Ënnerhalung gesuergt.













## Tour de France

*Eng vun deene gréisste Sportsmanifestatiounen op der Welt wor hei zu Säll um "Tour"! Déi 3. Etappe tëschent Verviers (B) a Lonkech (F) ass den 3. Juli 2017 duerch eis Gemeng gerullt. Eng flott Ënnerstëtzung hunn déi ronn 200 Coureuren an der "Tëntener Montée" vun eise Schoulkanner kritt !*
















## Sankt Anna Prozessioun Kapweiler

*Zu Éiere vun der helleger Anna sinn d'Pilger vu Säll op Kapweiler gaangen, wou an der Kapell d'Kiermesmass gefeiert gouf. Als Ofschloss gouf et nach e klenge Kiermesconcert vun der Säller Musek virun der Kapell.*





## Tournage Film

Déi Säller Kierch ass nawell beléift bei de Filmproduzenten !
Eng Hochzäitszeen aus dem Film "Tel Aviv on Fire" (Sortie Enn 2017/Ufank 2018) gouf hei an der Kierch zu Säll gedréint.







# INAUGURATION DU NOUVEAU SITE DE L'ÉCOLE

Les festivités de la Fête Nationale étaient à peine terminées qu'un autre grand rendez-vous eu lieu à Saeul en date du 26 juin dernier.

Et quel évènement !

L'inauguration officielle de la nouvelle école (primaire), de la Maison Relais et du cycle 1 (éducation préscolaire & précoce) de Saeul.
Bien que les différents acteurs aient fonctionné sur le site depuis un bon bout de temps, l'inauguration officielle s'était fait attendre un peu. Peut-être ou surtout en raison de la réception des derniers travaux. Comme pour tout grand chantier, le site de l'école de Saeul n'a pas échappé à l'exception et les finitions des différents corps de métier….

A la fin tout est bien qui finit bien !












En présence des Ministres Claude Meisch et Romain Schneider, du secrétaire d'Etat Marc Hansen, d'un bon nombre de politiciens de tout genre (députés, maires, échevins, etc..), des responsables des différents corps de métiers ainsi que des bureaux d'études, des enseignants, des parents d'élèves, des villageois et sans oublier les « VIP », c'est-à-dire les élèves et enfants de Saeul, le ruban rouge, blanc et bleu, a été coupé !

Cet acte symbolique de remise des clés aux écoliers a été fêté comme il se doit. Les écoliers ont interprété des chants rythmés avant la visite des différentes salles de classes. La présidente d'école Anna Mergen a fourni les explications relatives au fonctionnement des cycles 1-4 et quelques enfants ont raconté au Ministre et autres personnalités ce qu'ils apprenaient à l'école.
Même chose pour la Maison Relais où la chargée de direction Simone Tobes a exposé la variété des activités parascolaires proposées.

Lors du discours officiel, le bourgmestre Raoul Clausse a remercié tout d'abord tous les acteurs ayant œuvré sur le site, avant d'honorer plus spécialement (bouquet de fleurs) certaines personnes qui ont contribué à ce que ce site soit ce qu'il est aujourd'hui.
L'investissement des phases 2 et 3 s'élève à quelques 4,7 millions d'euros. Ensemble avec la salle multifonctionnelle cela représente une dépense totale de ± 7 millions d'euros. Les différentes participations financières de l'Etat s'élèvent à ± 3,2 millions, soit 45% du total - Merci.
Cette belle inauguration s'est clôturée par une fête villageoise avec le concours de la « Sëller Musek » et naturellement du beau temps !
















































# – Unser Besuch bei Meteolux –

Im „Eveil aux sciences" Unterricht haben wir während Wochen das Thema Wetter und Klima behandelt. Abschließend sind wir mit unserer Klasse C.3 am 22. Mäerz 2017 in die Wetterstation am Findel gefahren.


Dort wurden wir sehr nett von den Meteorologen empfangen.
Sie teilten die Klasse in zwei Gruppen ein. Eine Gruppe führte Experimente durch, während die andere die Satellitenbilder auf den vielen Monitoren betrachtete und Erklärungen dazu bekam. Nach etwa einer Stunde wechselten die Gruppen.

Wir hatten viele Fragen für die Meteorologen vorbereitet. Sie konnten alle beantworten.

Auch zeigten sie uns ältere Messinstrumente, welche sie früher benutzten. Das war alles sehr spannend und interessant. Vor allem die zahlreichen Experimente um uns den Luft- und Wärmedruck zu erklären, fanden wir toll.

Zum Abschied bekam jeder Schüler einen Kugelschreiber von Meteolux geschenkt. Wir hatten ihnen auch ein meteorologisches Bild gezeichnet und als Geschenk mitgebracht. Darüber haben sie sich sehr gefreut und versprochen es im Flur aufzuhängen.

Die Klasse C3 aus Saeul



Die wärmste und die kälteste Temperatur hier in Luxemburg?

Die wärmste Temperatur hier in Luxemburg, die je gemessen wurde, war im Jahre 2003. Am 3. und 12. August waren es + 37,9 °C.

Die kälteste Temperatur, die je gemessen wurde, war im Jahre 1956. Im Februar wurden -20°C gemessen.

Wie viele Wetterstationen gibt es in Luxemburg?

In Luxemburg gibt es ungefähr 40 Wetterstationen.

Wie hat das Klima sich in den letzten Jahren verändert?

Es gibt weniger Regen, es ist wärmer und wenn es regnet, dann regnet es meist sehr stark.

Wieso ist die Wettervorhersage so oft falsch?

Wenn ein Schmetterling in Amerika mit den Flügeln schlägt wird es hier regnen

Es gibt zu viele Faktoren

Wieso sind Sie Meteorologe geworden?

Ich bin gerne in der Natur, und wollte immer wissen wie das Wetter wird, ob ich nass werde oder nicht.

Wie viel Volt hat der Blitz?
Ein Blitz hat keine starken Magnetfelder.

Wo und wann gab es die schimmste Überschwemmung?
Der Mann hat gesagt als er klein war, schmolz in den Vogesen der Schnee. Das Wasser lief in die Mosel und die lief über.

Was geschieht wenn ich telefoniere und der Blitz schlägt in die Leitung ein?
Es kann eine Feuerflamme aus der Steckdose kommen. Die Person kann einen Hörschaden erleiden. Die ganze Elektronik geht kaputt.

Gab es einmal ein Tornado in Luxemburg?
Nein, offiziell wurde nie ein Tornado gemessen.

Müssen sie auch nachts arbeiten?
Ja, wir müssen auch nachts arbeiten, dann sind wir allerdings nur 2 Leute.

Wie viel Volt braucht ein Blitz um einen Baum brennen zu lassen

So genau kann ich das nicht sagen, denn es kommt auf die Größe, die Trockenheit, den Alter des Baumes und auf die Stärke des Blitzes an.

Gibt es eine Richterskala bei Sturm?
Man bezeichnet die Sturmstärke Beaufort (0 bis 12).

Wie viele Leute arbeiten in der Wetterstation?
In der Wetterstation arbeiten 19 Leute.

Wie stark bläst der Wind bei Sturm?
Wenn der Wind über 88 km ist, dann spricht man von Sturm. Er wird nach der Beaufort Skala gemessen. 1990 wurden 146 km/h gemessen.

Wie viel Meter muss man entfernt stehen, wenn der Blitz in den Boden einschlägt, damit man nicht elektrisiert wird?
Wenn man 50 Meter entfernt steht, reicht das, vorausgesetzt, dass die Wiese nicht nass ist, denn Wasser leitet die Elektrizität.

# Der Burgermeister und seine Gemeinde

Am Morgen des 7. April 2017 hatten wir einen lang geplanten Termin mit dem Bürgermeister im Gemeindehaus in Säll, denn er ist ein sehr gefragter und beschäftigter Mann.

Der Bürgermeister freute sich über unser Interesse an seiner Gemeinde und begrüßte uns, zusammen mit seinen Beamten, sehr herzlich. Er hatte sich für unseren Empfang sehr fein gemacht, trug einen Anzug und die offizielle Schärpe.
Wir durften alle Räume des Gemeindehauses besichtigen und stellten fest, dass die Aufgaben der Gemeinde sehr verschieden und umfangreich sind. Der Sekretär, der Beamte im Einwohnermeldeamt und die Einnehmerin erzählten uns, was sie im Alltag zu tun haben. Auch der Förster war mit seinem Hund anwesend und erläuterte uns seine Tätigkeiten in der Gemeinde.
Dann wurden wir vom Bürgermeister und dem Sekretär in den Sitzungssaal geführt, wo eine Überraschung auf uns wartete: Getränke und Backware. Während wir uns alles schmecken ließen, mussten der Bürgermeister und sein Sekretär uns aber noch unsere Fragen beantworten.
Das war ein sehr, sehr schöner Morgen und wir haben viel über die Gemeinde und die Aufgaben des Bürgermeisters und seiner Beamten erfahren.

Die Klasse C3 aus Saeul
















Was ist ihre Lieblingsbeschäftigung als Bürgermeister ?

Ich traue gerne Hochzeitspaare und freue mich, wenn die Projekte unserer Gemeinde sich verwirklichen.

Was müssen Sie als Bürgermeister so alles tun ?

Ich muss viele Dokumente unterschreiben.

Was mögen Sie an ihrem Beruf ?
Ich mag den Beruf, weil einem nie langweilig wird.

Was mögen Sie nicht in ihrem Beruf ?
Ich mag es nicht, wenn ich zu viel Schreibarbeit erledigen muss.

Haben sie schon einen Beamten entlassen ?
Ja, leider mussten wir einen Beamten entlassen.

Was machen Sie wenn ein Paar heiratet?
Ich ziehe meine Schärpe an und meinen Anzug.

Wie viele heute leben in Saeul ?
In Saeul leben zur Zeit 750 heute.

Haben Sie sonst noch einen Beruf ? Welchen ?
Ich war sonst immer Französischprofessor, aber es gibt auch Bürgermeister, wie zum Beispiel Lydie Polfer, sie ist hauptberuflich Bürgermeisterin.

Wie viele heute sind im Schöffenrat + Gemeinderat ?
Im Schöffenrat sind 3 heute.
Im Gemeinderat sind 7 heute.

Müssen sie auch abends arbeiten ?
Ja, ich bin abends sehr viel unterwegs.

Bekommen sie als Bürgermeister ein gehalt?
Ja, ich bekomme ein sehr geringes Gehalt.

Wie lange besteht die Gemeinde Saeul?
Die Gemeinde Saeul besteht seit 1826.







Wie viele Leute arbeiten in der Gemeinde?
Wir sind die kleinste Gemeinde im Land, bei uns arbeiten 25 Leute.


Wieso wollten Sie Bürgermeister werden?
Irgendwann wollte ich die Entscheidungen der Gemeinde mitbestimmen.

Macht Ihnen der Beruf Spaß?
Ja, mir macht der Beruf sehr viel Spaß, weil er sehr abwechslungsreich ist. Ich finde den Beruf toll, weil man mitentscheiden kann.


Haben Sie manchmal Streit mit den Schöffen?
Es kommt öfters vor, dass der Schöffenrat nicht einer Meinung ist und dann wird viel diskutiert.

Ist es manchmal schwer die richtige Entscheidung zu treffen?
Ja, manchmal ist das schon schwer.

Wie oft kommt der Gemeinderat + Schöffenrat zusammen?
Einmal im Monat kommt der Gemeinderat zusammen.
Der Schöffenrat kommt einmal die Woche zusammen.










jus
Rospor Blue



Gemeng Sëll




















Lors de la première journée d'action, le 15 juin 2017, le ministre de l'éducation Claude Meisch et le ministre des sports Romain Schneider ont remis le label « clever move » à huit écoles fondamentales dont celle de Saeul. Pendant cette matinée nos élèves du cycle 4 ont « bougé » lors des différents ateliers aménagés.





"D'Kanner vun eiser Maison relais Toeresgäertchen huele reegelméisseg un de Bëschaktivitéiten vun der SICONA deel. Dës Kéier hu si mat verschiddenen Holzarten e puer schéi Saachen gebaut fir d'Bëschhaischen zu Beckerich ze verschéineren."











# Jemp Schuster

## E staarke Mann



*Virdrun*

*Wéi ech gefrot gi sinn, e puer Zeilen iwwer mech, fir an d'Rubrik « Staark Fraen/Männer » ze schreiwen, dunn hunn ech mech gefrot : Wouhier wëssen déi dann, dass du e staarke Mann bass ? A wann s'et wëssen, dann hunn se bestëmmt iergendwou iergendeppes héieren oder gelies, awer doutsécher ass et dann dat Falscht.*

*Et weess ee jo, wéi séier een am Gespréich ass, a wat dann alles verzielt gëtt. Zemol an de soziale Medien ass et ganz schlëmm. Op Facebook, Twitter, Instagram a.s.w., do hunn ech scho Saachen iwwer mech gelies, déi total mat den Hoer erbäigezu sinn, an déi der Huddel net stëmmen. Fake-News, wéi dat am moderne Sproochgebrauch heescht.*

*Dofir hunn ech mech entschloss, d'Wourecht iwwer meng Stäerkt ze schreiwen. Wéi ech op d'Welt komm sinn, du war ech e ganz normale klenge Bouf. Dat huet meng Mamm op jidde Fall ëmmer behaapt. Awer am Alter vun 2 Joer huet dat sech op eemol geännert. Ech ka mech selwer net drun erënneren, mat zwee Joer ass een ze jonk fir dat ze späicheren, awer wéi gesot, ech krut et verzielt. An net nëmme vu menger Mamm. Och mäi Papp huet mer et ëmmer erëm widderholl. An eis Noperen. Ausserdeem de Schoulmeeschter, de Buergermeeschter an de Paschtouer aus dem Duerf. Et muss also stëmmen, well esouvill Leit kënne jo net déiselwecht Ligen erfannen.*


An der Mutatioun


Duerno

*Komme mer zur Saach. Mat zwee Joer sinn ech also, vun engem Dag op deen aneren, vum klenge Bouf zum staarke Mann ginn. Ech hunn déi Zäit nuets schlecht geschlof. Et war - do kann haut keen sech méi drun erënneren - et war d'Zäit vun de mantualistesche Stéierungen an der Ozonschicht. Deemools wousst keen am Duerf, an ech mengen och net am Land, wat d'Ozonschicht wier, an et hat nach keen eppes vun enger mantualistescher Stéierung héieren. Ech hunn déi Verännerung nuets gespuert. Laang ier de Gordon Dobson se mat sengem Spektrophotometer nogewisen huet.*

*An déi liicht Ofwäichung vun der Normalitéit huet bei mir eng Mutatioun am präfrontale Cortex provozéiert. Onbewosst natierlech ! Aner Leit ginn duerno depressiv, ech sinn iwwer Nuecht zum staarke Mann ginn. Mueres fréi hunn ech mech wéi de Superjemp gespuert. An esou beholl !*

*Vill Jore méi spéit huet e gudde Frënd vu mir meng Liewensgeschicht an engem Comic-Album veréiwegt. Zwar sinn och do vill Saachen erfonnt, awer dat ass eben d'Schicksal vun engem staarke Mann, deen zur ëffentlecher Figur ginn ass. Do muss ee villes iwwer sech ergoe loossen. E Superjemp ze sinn, ass net ëmmer einfach.*

# *FRAEN A MAMMEN*

*D'Fraen- a Mammen aus der Gemeng Säll bestinn zanter dem 14.01.1987 an ënnerstinn dem Zentralcomité vun de lëtzebuerger Fraen a Mammen, der ACFL. Et war d'Eliette Steffen-Antony wat 1987 e puer Dammen iwwerriet krut fir d'Fraen a Mammen ze grënnen. Vun der éischter Stonn un waren derbäi:*
*D´Eliette Steffen-Antony, Presidentin*
*d´Milly Conter-Loser, Vize-Presidentin*
*D´Josée Heusbourg-Kieffer, Sekretärin*
*d´Suzette Faber-Weisgerber, Caissière*
*D´Marie Hilgert-Ney, d´Emmy Sassel-Medinger*
*an d´Noëlle Birkel-Claude, Memberen.*

*No engem Joer sinn déi Kaalmesser Fraen, déi zur Par Simmer gehéiert hunn, bäigetrueden a mat Freed opgeholl ginn. Si hu sech direkt voll integréiert a gutt matgeschafft.*

*2011 huet d'Fadila Cizeron-Guedra de Presidenteposten iwwerholl an d'Eliette gouf zur Éierepresidentin ernannt.*

*An deenen éischte Joren goufe vill Handaarbechte gemaach an iwwer dat ganzt Joer gouf doheem gebitzt an och eemol d'Woch, mëttwochsowes, si mir zesummekomm fir ze schaffen. Mam Verkaf vun deenen Handaarbechten um Bazar hu mir e groussen Deel vum Erléis gemaach.*

*Haut ass kaum nach Nofro do fir d´Handaarbechten, déi nei Generatioun vun eise Memberen huet elo den Akzent op Bastelaarbechten aus Holz an anere Materialie geluet.*

*Am Laf vun de Jore goufe verschidde Coursen ugebueden:*

*E Cours fir Arrangementer aus gedréchente Blummen ze maachen, e Floristikcours, Molen op Keramik, e Bitzcours an e Cours fir Frivolitéit.*

*Verschidden Ausflich hu mir och organiséiert.*

*Eis Haaptaktivitéite waren a sinn nach ëmmer, de Bazar, deen all Joer um éischten Adventssonnden ofgehale gëtt an eist Mëttegiessen, Enn Mäerz, Ufank Abrëll wou mir sonndesmëttes hausgemaachte Menuen zervéieren.*

*Am Fréijoer 2015 an 2016 hunn d'Fraen a Mammen mat groussem Erfolleg e Konscht- an Handwierkermaart zu Säll organiséiert. Den Erléis am Joer 2015 ass zum groussen Deel un den Télévie iwwerreecht ginn.*

*Et ass vill geschafft ginn an deenen 30 Joer wou d'Fraen a Mamme bestinn. Vill verschidde sozial Ariichtungen an Wierker konnte mam Erléis heivunner ënnerstëtzt ginn; souwuel hei am Land wéi awer och an der Ukraine an haaptsächlich an Afrika. D'Patere Math. an Nic Hansen aus dem Congo konnte mat dëse Spenden ënner anerem eng Klinik an eng Maternité op- an ausbauen.*

*An der Zäitspan vun 1987 bis haut, hu mir folgend Hëllefswierker ënnerstëtzt:*

| | |
|---|---|
| *HMC Réiden* | *23.166,87 €* |
| *En Häerz fir kriibskrank Kanner* | *2.500 €* |
| *Instit. pour Infirm. Mot. Cérébr.* | *2.500 €* |
| *Fondation ESPOIR* | *1.250 €* |
| *Fondation Follereau* | *24,79 €* |
| *Dignity Asbl* | *6.250 €* |
| *Hëllef fir d'Ukraine - J.Paler* | *600 €* |
| *Pateren M. & N.Hansen* | *102.244,78 €* |
| *Unicef* | *1.250 €* |
| *Education Différ. Warken* | *10.000 €* |
| *Association Polyarthrite* | *2.500 €* |
| *TéléVie* | *6.000 €* |
| *Île aux clowns* | *3.250 €* |
| **TOTAL:** | **161.536,44 €** |

*Mir wëllen d´Geleeënheet notzen fir en Opruff ze maachen un all Säller Fraen a Mammen:*

***„Hutt dir Freed um Bastelen oder kënnt dir gutt kachen?***
***Wëllt dir e Bëssi vun ärer Fräizäit investéieren fir um Duerfliewen deelzehuelen***
***oder am Comité matzeschaffen, da mellt iech bei engem Member vum Comité.“***

*Heiriwwer géinge mir eis vill freeën.*

*Den aktuelle Comité besteet aus:*

*dem Fadila Cizeron-Guedra, Presidentin*
*dem Myriam Steffen, Vize-Presidentin*
*dem Martine Ensch-Even, Sekretärin*
*dem Eliette Steffen-Antony, Éiere-Presidentin a Caissière*
*dem Suzette Faber-Weisgerber, dem Annette Heusbourg-Conter,*
*dem Danielle Schmit-Faber an dem Milly Birkel, Memberen.*

*Mir géingen eis freeën all Leit aus der Gemeng Säll op eise Manifestatioune begréissen ze kënnen.*














KlimaPakt European Energy Award

Klimateam Sëll

# Klimapakt – News

## Klimapakt – Zertifizierung der Gemeinde Saeul




Unsere Gemeinde hat mit 60% der Punkte gleich die Silber-Stufe in der Klimapakt-Zertifizierung erreicht. Am 28. September 2017 haben die Vertreter der Gemeinde Saeul in Hesperingen die Silber-Trophäe für ihre Anstrengungen im Klimaschutz überreicht bekommen.



Die Gemeinde wurde zusammen mit drei anderen Gemeinden (Hesperingen, Pütscheid und Clervaux) am Klimapakt-Tag  zertifiziert.

**Wir danken dem ganzen Klimateam für sein Engagement und wir werden auch weiterhin unser Bestes tun, das Klima bestmöglich zu schützen.**

## Was waren die Stärken und Schwächen im Klimapakt-Audit?




Im Audit wurden wir für die ***Raumplanung*** in unserer Gemeinde gelobt, voran mit unserem kommunalen Verkehrskonzept, der geplanten Einführung von 20/30er Zonen auf allen kommunalen Nebenstraßen und unserem Antrag beim Nachhaltigkeitsministerium für eine Verkehrsberuhigung auf der Hauptstraße. Positiv bewertet wurde ebenfalls unser Energiekonzept, in welchem die Machbarkeit einer Holzschnitzel-Heizung mit Wärmenetz für die kommunalen Gebäude analysiert wurde.

Im Bereich der ***kommunalen Gebäude*** wurden unsere zwei sehr energieeffizienten Gebäude (Schule, Multifunktionsgebäude) sowie die Versorgung mit hochwertigem Ökostrom hoch angerechnet. Da alle kommunalen Gebäude jedoch noch immer mit Heizöl geheizt werden, bleibt noch Verbesserungspotenzial.

Im Bereich ***Versorgung / Entsorgung*** konnten wir Punkte erzielen mit dem relativ hohen Anteil an Wärme aus erneuerbaren Energiequellen bei unseren Haushalten sowie dem sparsamen Wasserverbrauch unserer Bürger. In der Stromproduktion mit erneuerbaren Energien können wir uns auch noch verbessern: aktuell werden 13% des gesamten Stromverbrauchs mit lokal produziertem Strom aus erneuerbaren Energiequellen gedeckt. Die Anstrengungen der letzten Jahre in punkto Abwasser-Entsorgung (neuer Kollektor, Rückhaltebecken, Planung neuer Kläranlagen) sind uns ebenfalls beim Audit zugutegekommen.

In punkto **Mobilität**, beeinträchtigt die aktuelle Verkehrssituation besonders zu den Stoßzeiten die Lebensqualität unserer Einwohner. Ein Verkehrskonzept wurde von einem Planungsbüro erstellt, welches in den kommenden Jahren umgesetzt wird. In punkto Radweg-Infrastruktur versucht die Gemeinde Saeul weiterhin die Anbindung aller Ortschaften an das nationale Radwegnetz zu verbessern, was wegen des erforderlichen Terrains nicht so schnell voranschreitet wie erwünscht. Das regionale Radwegnetz und die Beschilderung wurden sehr gelobt von der Auditorin und die Gemeinde hat versichert ihre Anstrengungen auch in Zukunft weiter zu führen.

Im Bereich der **internen Organisation** hat die Gemeinde sehr gut abgeschnitten, dank der aktiven Einbindung der Klimateam-Mitglieder in den Klimapakt-Prozess. Ebenfalls positiv bewertet wurden die finanziellen Mittel, welche die Gemeinde jährlich für Klimaschutz zur Verfügung stellt.

Im letzten Kapitel über die **Kommunikation und Kooperation** hat unsere Gemeinde ebenfalls gut abgeschnitten, dank der guten Zusammenarbeit im Kanton und den hierdurch angebotenen Dienstleistungen und Aktivitäten.

## Wo befinden wir uns aktuell mit unseren 20 Klima-Zielen?

| N° | Klima-Ziel | Aktueller Stand | |
|---|---|---|---|
| 1 | 100% des Wärmebedarfs der kommunalen Gebäude aus erneuerbaren Energien | Aktuell werden noch alle komm. Gebäude mit Heizöl geheizt. | ☹ |
| 2 | 14% Senkung des spezifischen Wärme-verbrauchs der kommunalen Gebäude im Vergleich zu 2014 | 2016 wurden fast 8% eingespart im Vergleich zu 2014. | 😐 |
| 3 | 20% Senkung des spezifischen Stromver-brauchs der kommunalen Gebäude | 2016 ist der Verbrauch 25% gestiegen. | ☹ |
| 4 | 100% $CO_2$ Einsparungen im Vergleich zu 2013 | 2016 sind die $CO_2$Emissionen 9% gestiegen. | ☹ |
| 5 | Der Wasserverbrauch der kommunalen Ge-bäude soll nicht steigern im Vergleich zu 2014 | 2016 hat sich der Wasserverbrauch mehr als verdoppelt | ☹ |
| 6 | 16% des Strombedarfs des gesamten Gemeindegebiets aus erneuerbaren lokal produzierten Energien | 2016 lag der Deckungsgrad bei 12% | 😐 |
| 7 | 35% des Wärmebedarfs des gesamten Gemeindegebiets aus erneuerbaren Energien | Es liegen keine Daten für 2016 vor. | |
| 8 | 10% Einsparungen im Wärmeverbrauch bei den Haushalten (im Vergleich zu 2014) | Es liegen keine Daten für 2016 vor. | |
| 9 | 10% Einsparungen im Stromverbrauch bei den Haushalten (im Vergleich zu 2014) | Der Stromverbrauch der Haushalte ist konstant geblieben. | 😐 |
| 10 | 3 neu installierte Geschwindigkeitsmesser | Alle 3 Messer sind installiert und funktionieren. | ☺ |
| 11 | Ein P&R in Schwebach mit überdeckter Fahrrad Abstellanlage | Der P&R ist in der Endphase der Planung. | 😐 |
| 12 | Einführung von 30er Zonen auf kommunalen Straßen (rue Jean Mersch, um Këpp, Kiemerchen, Gréngewee) & auf nationalen Straßen (rue d'Arlon, rue principale) | Das Verkehrskonzept für die kommunalen Straßen ist abgeschlossen, die Umsetzung startet 2018. | 😐 |
| 13 | Einführung von 20er Zonen auf kommunalen Straßen (am Sand, am Zärepesch) | Das Verkehrskonzept für die kommunalen Straßen ist abgeschlossen, die Umsetzung startet 2018. | 😐 |
| 14 | Ausschilderung von 11 Kilometer Fahrradweg | 11 km regionaler Radweg sind ausgeschildert. | ☺ |
| 15 | Mindestens 4 Klimateam-Versammlungen pro Jahr. | Das Klimateam hat sich 5-mal getroffen. | ☺ |
| 16 | 24 Weiterbildungsstunden der kommunalen Angestellten des technischen Dienstes im Bereich Energie und Klimaschutz | 2016 wurden weniger als 24 Stunden absolviert. | 😐 |
| 17 | Alle Klimapakt-Subsidien werden für klimarelevante Aktivitäten ausgegeben. | Alle Klimapakt-Subsidien wurden für Klimaschutz-Zwecke ausgege-ben. | ☺ |

| | | | |
|---|---|---|---|
| 18 | Mindestens 2 Seiten über Klimaschutz in jeder Gemeindezeitung | Bis dato befanden sich immer mindestens 2 Seiten über Klimaschutz in der Gemeindezei-tung. | ☺ |
| 19 | Mindestens 5 Beratungen pro Jahr des EnergieAteliers an die Bürger | 2016 fanden 6 Beratungen statt. | ☺ |
| 20 | 100% PEFC zertifizierte Wälder | Alle Wälder sind PEFC zertifiziert. | ☺ |

**Was sind die aktuellen Prioritäten im Bereich Klimaschutz?**

- Nutzung des Holzpotenzials zu Wärmzwecken der kommunalen Gebäude
- Umsetzung der Verkehrs-Beruhigungsmaßnahmen (20 und 30er Zonen auf kommunalen und nationalen Straßen)
- P&R in Schwebach mit Renaturierung des Schwebach-Baches
- Ausbau der Radverkehrs-Verbindungen in unseren Ortschaften

## Opruff fir nei Klimateam Memberen!

Hutt Dir Loscht Iech fir de Klimaschutz an eiser Gemeng z'engagéieren an am Klimateam matzeschaffen?

Da gitt Member bei eis am Säller Klimateam!

Mir treffen eis all 2-3 Méint fir ze diskutéieren, wéi mir eis Gemeng méi klimafréndlech kënne gestalten a stinn dem Gemengerot mat Virschléi a Rot zur Säit.

**Fir méi Info: [www.klima.lu](http://www.klima.lu)**

**Oder rufft d'Klimaberoderin vun der Säller Gemeng un:**

Caroline Schmit: 26 62 08 01 22



Source: google.lu



# DE KLIMAPAKT FREET... AN DEN ENERGIEATELIER ÄNTWERT...

INFOLINE GRATUITE
26 62 08 01
WWW.ENERGIEATELIER.LU

**Caroline Schmit, Klimapaktberoderin Réidener Kanton:**

Komm ech hale mech kuerz! Ech hunn en aalt Haus kaf a wëll renovéieren. Neien Daach, nei Fënsteren, vläit d'Fassad isoléieren, eng nei Heizung, ... Op wat muss ech oppassen?

**Marc Neu, Energieberoder Réidener Energiatelier a.s.b.l.**

Bei esou komplette Renovatioune soll ee wa méiglech fir d'éischt isoléieren an duerno d'Heizung ersetzen. En neien isoléierten Daach, nei Fënsteren, Baussemaueren déi vu bannen oder baussen isoléiert ginn, alles dat reduzéiert d'Leeschtung vun der neier Heizung déi soll agebaut ginn. Wiesselen ech fir d'éischt d'Heizung an isoléieren duerno, da riskéiert d'Heizung vill ze grouss dimensionéiert ze sinn.

energie atelier

Klimateam Kanton Réiden

infopoint myenergy

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

KOMM SPUER MAT!
ENERGIATELIER A.S.B.L.
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
info@energieatelier.lu

ClimEEC ECO • EXPERT • CLUSTER



**C.S. Du sees, d'Baussemauere vu bannen isoléiere geet och?**

M.N. Jo! Virun allem Haiser mat historeschem Charakter oder Bauerenhaiser mat Sandsteen wëllen d'Leit nit vu baussen isoléieren, fir de Cachet vum Haus nit ze verléieren. Mëttlerweil ginn et eng ganz Rei Isolatiounsmaterialien, déi problemlos an ouni Schimmelrisiko vu bannen agebaut kënne ginn.

**C.S. Do gëtt dann oft mat Lehm geschafft, oder?!**

M.N. Effektiv ass Lehm eent vun deenen ale Baumaterialien déi an deene leschte Joren eng richteg Renaissance feieren. Nit alleguer, mee et gi vill Systemer, fir bannen ze isoléieren déi op Lehm zréckgräifen. A Lehm ass e fantastesche Baustoff, dat steet fest. Lehm reguléiert d'Fiichtegkeet, ass gesond, filtert Gëftstoffer aus der Loft ... wat wëll ee méi?!

**C.S. Iwwerhaapt ass et zënter dem 01. Januar 2017 jo esou, dass gesond an ëmweltfrëndlech Materialie méi staark subventionéiert ginn ewéi déi klassesch.**

M.N. Genau. De Staat subventionéiert grondsätzlech all Isolatiounsmoossnahmen un engem Haus wat op mannst 10 Joer al ass. Dofir muss am Virfeld e Konzept erstallt ginn, an et musse minimal Dämmdéckten agehale ginn. Zousätzlech kënnt ab 2017 dobäi dass, je méi een op ëmweltfrëndlech a recycléierfäheg Materialen zréckgräift, desto méi Subsid kann ee kréien.

**C.S. Wat ass genau déi Klimabank? Kann ech dovunner profitéiere wann ech mäin Haus sanéiere wëll?**

M.N. De Klimaprêt ass nieft de Primme selwer eng super Méiglechkeet Suen zu engem ganz interessanten Taux ze léinen. Déi maximal 100.000 € Prêt mussen exclusiv fir d'Renovatioun benotzt ginn, a kënne je no finanzieller Situatioun vum Stot à Taux zéro geléint ginn. Mee och de Prêt à Taux réduit ass immens interessant, bezillt de Staat dach 1,5% vun den Zënsen. Bei den aktuelle Konditiounen op der Bank bleiwen do dann och nit méi vill Zënsen iwwreg.

**C.S. Wéi gesäit et mam Neibau aus? Ab 2017 muss alles passiv sinn oder? A ginn et dann nach Primmen?**

M.N. Zënter 2017 sinn d'Kritäre fir eng Baugenehmigung ze kréien effektiv nees no uewen ugepasst ginn. Ob dat automatesch heescht dass d'Haus passiv muss sinn oder net, muss vu Fall zu Fall gekuckt ginn. **Wat awer kloer ass, ass dass de Staat ab 2017 kee Subsid méi fir Passivhaiser gëtt. Neen, de Subsid ass ab elo reservéiert fir Haiser déi gewëssen ökologesche Kritären entspriechen.** Pauschal kann ee bal soen dass, baut dir mat Bëtong a Styropor, gëtt et kee Subsid méi, baut dir am Holz mat ökologeschem Isolatiounsmaterial, stinn d'Chancë gutt, bis zu 24.000 € Primm ze kréien.

**C.S. An da ginn et jo och nach Primme fir Solaranlagen, Holzheizungen an esou weider... An dir bezuelt jo och nach ëmmer Primme wann d'Leit spuersam Haushaltsapparater kafen. Wéi behalen ech do den Iwwerbléck?**

M.N. Jo, nieft de Primme fir Neibau oder Albausanéierung, ginn et beim Staat och nach Primme fir Solaranlagen, Holzheizungen, Wärmepompelen an esou weider. Déi meescht Gemenge bezuelen och nach Primme bei Solaranlagen. A mir als Energieatelier bezuele Primme beim Kaf vu spuersamen Haushaltsapparater, oder beim Tosch vun der aler Heizungspompel.

Bon, ech géif soen dat einfachst wier, d'Leit géifen sech bei eis an der Infostuff op der Nummer 43 an der Réidener Groussgaass informéiere kommen.

**C.S. Energie spueren ass deemno souwuel interessant fir d'Ëmwelt wéi och fir de Portmonni?!**

M.N. Ganz kloer. Nit ze vergiessen ass deen héije Wunnkomfort an engem gutt isoléierten Haus. Informéiert Iech einfach GRATIS op ärer Energie-Infoline um 26 62 08 01, a profitéiert vun eiser Erfahrung aus 20 Joer Energieberodung am Réidener Kanton. Mir kënnen Iech soe wat fir een Invest bei Iech am sënnvollsten ass. Bis geschwënn!

# RUFF ENERGIE ATELIER
## fir GRATIS ENERGIEBERODUNG




Appelez KSM pour un conseil en énergie gratuit
Call KSM for a free energy consultancy
Rufe KSM für eine kostenlose Energieberatung
Telephona KSM para um conseilho d'energia gratuito

## News!
### Nouvelles primes pour appareils électroménagers

pour les communes de Beckerich, Ell, Grosbous, Préizerdaul, Rambrouch, Redange, Saeul, Useldange, Vichten & Wahl




Les appareils doivent répondre aux exigences suivantes:

| | |
|---|---|
| **Réfrigérateur, congélateur et appareil combiné** | |
| Classe énergétique A+++ (Certificat de valorisation/élimination obligatoire) | 100 € |
| **Machine à laver domestique** | |
| Classe énergétique A+++ | 100 € |
| **Lave-vaisselle domestique** | |
| Classe énergétique A+++ | 100 € |
| **Sèche-linge domestique** | |
| Classe énergétique A+++ | 100 € |
| **Circulateur / pompe de chauffage** | |
| Classe énergétique A | 50 € |

Formulaires de demande et conditions sur www.energieatelier.lu

**KSM vous conseille gratuitement de façon neutre et compétente:**

Subventions étatiques et aides communales
Économie d'énergie, contre le gaspillage
Chauffer économiquement et écologiquement
Construction durable ou rénovation
Habiter sainement
Énergie solaire et récupération des eaux de pluie

(Service offert par votre commune)

## Energie-Infoline 26 62 08 01

KSM beréit Iech gären - gratis, neutral & kompetent, op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch & Englesch!
Et ass e Service, deen Iech äer Gemeng am Réidener Kanton offréiert.

www.energieatelier.lu

INFO STUFF · energie atelier · Klimateam Kanton Réiden · Beki · ClimEEC ECO · EXPERT · CLUSTER · infopoint myenergy

# Melanie Boden-Claude feiert 90. Wiegenfest

*Redingen/ Attert: Geboren am 12. Juli 1927 in Garnich als jüngste Tochter von sechs Kindern der Eheleute Nicolas Claude aus Hobscheid und Suzanne Wolff aus Garnich, feierte Melanie Boden-Claude neulich ihr 90. Wiegenfest im „Home pour personnes agées" in Redingen/ Attert.*
*Während des zweiten Weltkrieges wurde sie nach Limburg umgesiedelt während ihr Bruder während des Krieges hingerichtet wurde.*

*Später war Melanie Claude die im ersten Lebensjahr mit ihren Eltern nach Differdingen umgezogen war, als Kindermädchen in der Schweiz beschäftigt. Danach arbeitete sie als Haushälterin in Verviers und nachher als Kindermädchen in Brüssel. Zuletzt war die Jubilarin als Verkäuferin in einem Textilgeschäft in Differdingen tätig.*

*Die Heirat mit Théo Boden aus Saeul, der als Schreinermeister beschäftigt war, fand 1957 in Saeul statt. Das Ehepaar wohnte gemeinsam mit ihren beiden Söhnen Paul und Claude in Saeul. Heute zählt die Familie Boden insgesamt acht Enkelkinder. Ehegatte Théo verstarb im Jahre 2007.*


*Anlässlich der Geburtstagsfeier war es Home-Direktor Christian Ensch mit seiner Mitarbeiterin Sandrina Alves und Schwester Benedicta die die Glückwünsche des Pflegeheimes entgegenbrachten.*

*Mit einem schönen Blumenarrangement waren Bürgermeister Raoul Clausse mit Schöffe Gérard Zoller und den Räten Guy Grün und Jean Konsbrück angereist um Melanie Boden-Claude die Gratulationen seitens der Gemeinde Saeul zu überbringen, wofür sich das 90-jährige Geburtstagskind auch herzlich bedankte. Zusammen mit den Familienangehörigen wurde auf weitere schöne Jahre angestoßen.*

*Text Charles Reiser / FOTO Tun Clausse*



1.



2.



3.



4.



5.



# Gesond Kürbischipsen aus dem Schäffchen

Bild 1 : De Kürbis gëtt zerluecht a  geschielt.

Bild 2 : Mam Spuerschieler ginn dënn Chipse geschnidden.

Bild 3 : An enger Schossel ginn Olivenueleg Salz a Peffer verréiert. D'Kürbischipse ginn an d'Schossel geluecht a mam Ueleg vermëscht.

Bild 4 : No enger hallwer Stonn ginn d'Kürbischipsen op e Bakblech mam Bakpabeier geluecht.

D'Chipse sollen am Schäffchen bei 95 Grad an Ëmloft eng Stonn baken. Duerno sollen se op enger Hiertchen auskillen.

Bild 5 : Am Beschte soll een se nach wootlech iessen oder se nom Auskillen an engem Glas mat Schraufverschloss halen.

Dës Chipse sinn och gutt fir op eng Zalot oder an eng Zopp.(Se kënnen natierlech och wéi Gromperechipsen an dem Frittefett zoubereet ginn.)



## WITZ


*De Jempi zum Pitti :*
*So wat heescht scho méi Buergermeeschter op Englesch ?*
*Pitti : Hmm , ech mengen dat war « Burgerking »*

# *SICHBILD*

Fann d'Fehler am rietse Bild!







Raoul CLAUSSE



Valérie BÉGUÉ



Michèle SCHEITLER



Joël KIEFFER



Jemp SCHUSTER



Greg FOETZ

# Impressum

*Un dësem Gemengebuet hu matgeschafft :*

- Valérie BÉGUÉ, Michèle SCHEITLER, Jemp SCHUSTER, Joël KIEFFER
- D'Fotoe si vum Michèle SCHEITLER.
- D'Mise en page ass vum Greg FOETZ
- Den Drock gouf am Atelier Repro vun der Associatioun « AUTISME Luxembourg a.s.b.l. » vu Beckerich gemaach.
- Déi franséisch Texter si vum Jemp SCHUSTER iwwersat ginn.
- De Jemp huet och d'Feeler an de lëtzebuergeschen Texter verbessert.

# Numéros utiles

**Aministration Communale de Saeul**

B.P. 11 L-7506 SAEUL
8, rue Principale L-7470 SAEUL
Tél: 23 63 22-1 / Fax : 23 63 94 29 www.saeul.lu

Raoul Clausse, bourgmestre : 691 521 546
E-Mail : bourgmestre@saeul.lu
Edmond Gengler, échevin
Jean Konsbruck, échevin
E-Mail : schefferot@saeul.lu

**Secrétariat**

Joé Wolff, Tél. : 23 63 22-20
Joël Kieffer, Tél. : 23 63 22-21
E-mail : secretariat@saeul.lu

**Population : Martine Ensch**

Tél. : 23 63 22-22
E-mail : population@saeul.lu

**Recette : Stéphanie Labranche**

Tél. : 23 63 22-23
E-Mail : recette@saeul.lu

**Service régie : Laurent Gengler**

Tél. : 691 13 57 90
Du lundi au vendredi de 6:45 à 11:45
et de 13:00 à 16:00

**Service technique bureau : Erica Bucari**

Tél. : 23 63 22 -26
Sur RDV
E-Mail : technique@saeul.lu

**Garde forestier : Thierry Hollerich**

Tél. : 621 20 21 84
E-Mail : thierry.hollerich@anf.etat.lu

**École Saeul**

| | |
|---|---|
| Préscolaire & Précoce: | Tél. : 266179-13 |
| RDC C2 : | Tél. : 266179-23 |
| 1e étage C3 : | Tél. : 266179-24 |
| 2e étage C4 : | Tél. : 266179-25 |

Fax : 26 61 79 29
www.ecoles-saeul.lu

Maison Relais Saeul

Tél. : 26 61 79-10
GSM : 691 866 930
Fax : 26 61 79 11

**Presbytère de Brouch**

Joël Santer
Tél. : 26 61 04 03

**Ambulance / Pompiers**

Tél. : 112

**Police:**

Tél. : 113
Police de proximité Redange Tél. : 24492 200
Police d'intervention Redange Tél. : 24492 500

**Centre Médical**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 23 62 42-1
Fax : 23 62 42-32

**Laboratoires d'Analyses médicales : Ketter Thill**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Prélèvements du lundi au vendredi de 6:30 à 11:00
Tél. : 48 82 88-700
Fax : 48 82 88 -740
Prise de sang à domicile: Tél. : 48 82 88

**Hëllef Doheem**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 94-1
Fax : 26 62 94-209
E-Mail : redange@shd.lu

**Help**

10, rue Principale L-8544 Nagem
Tél. : 26 62 07 08
Fax : 26 62 07 18
E-mail : nagem.croix-rouge@hlp.lu

**Home pour Personnes Agées St.François**

2, rue de l'Hôpital L-8509 Redange/Attert
Tél. : 23 64 3-1
Fax : 23 64 3-701

**Atert Lycée Rédange**

1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 32-100
Fax : 26 62 32-299
E-mail : secretariat@alr.lu
www.alr.lu